



buat

n° **01** 2026

GEMENG
manternach 

Kontakt

// Telefonszentral /
Centrale téléphonique
Conny SCHILTZ
Réception
Tél. : 71 01 72 – 10
conny.schiltz@manternach.lu

// Secrétariat / Population /
Etat Civil / Facturation
secretariat@manternach.lu

Claire PIERRET
Secrétaire communale
claire.pierret@manternach.lu

Andy WEBER
Communication / Etat Civil /
Facturation
andy.weber@manternach.lu

Maria VIEIRA
Etat Civil / Facturation /
Bureau de la Population
maria.vieira@manternach.lu

Véronique THEWES
Bureau de la Population
veronique.thewes@manternach.lu

Eise Schäfferot



Jean-Pierre HOFFMANN
Buergermeeschter /
Bourgmestre



Claude THEISEN
Schäffen / Échevin



Alix KLEIN-UNGEHEUER
Schäffin / Échevine

// Recette
recette@manternach.lu

Pit HOFFMANN
Receveur communal
pit.hoffmann@manternach.lu

// Service technique
technique@manternach.lu

Marc LOMMER
Responsable service technique
marc.lommer@manternach.lu

Ben THILL
Responsable adjoint
service technique
ben.thill@manternach.lu

Marc WANTZ
Chargé technique
marc.wantz@manternach.lu

// Centre d'Incendie
et de Secours
Christian WEIS
Chef de Centre
Tél. : 49 77 1 – 45 76

// Service forestier
Luc ROEDER
Préposé forestier
Tél. : 247 – 56 50 2
GSM : 621 202 133

// Service technique/
Centre de recyclage
Tél. : 71 01 72 – 35

Adress

3, Kierchewee, L-6850 Manternach

Ëffnungszäite: Gemeng

Méindes, Dënschdes an Donneschdes:
08:30 – 11:30 a 14:00 – 16:00

Mëttwochs:
07:00 – 08:30 (just op Rendez-vous /
uniquement sur rendez-vous)
08:30 – 11:30

Freides:
08:30 – 11:30

Service technique
just op Rendez-vous /
uniquement sur rendez-vous

Fannt eis och op : [manternach.lu](https://www.manternach.lu)

Impressum

De Gemengebuet :
Offiziellt Informatiouns-Blat
vun der Gemeng Manternach

Editeur :
Schäfferot vun der
Gemeng Manternach

Layout / Mise en page :
marcwilmes.com

Fotoen / Photos :
© Edy Frieres

Drock / Impression :
Imprimerie Reka
L-4835 Ehlerange

Oplag / Tirage : 800
N°1/2026

**Redaktiounsschluss /
Clôture de la rédaction :**
16.03.2026



01

D'Liewen an der Gemeng

Don un de Cercle Eric Haas asbl - Centre Biergop	11
Adventsfeier vun der Seniorekommissioun - 2025	12 – 13
Visitt vun der Chamber	13
Neijoersreceptioun 2026	14 – 19
Service de Proximité et de l'Ordre (SPO)	20 – 21
Lichtmëssdag an der Gemeng Manternach	22 – 23
Buergbrennen 2026	24 – 25
Kanner „Secondhand“ Maart zu Berbuerg	26
Quiz Owend zu Manternach	26
Groussbotz	27
Regional Museksschoul Iechternach	28
Bistro Haaptmannsschlass	29
Holzstee	30
Fréijoersmaart	30
1 km Maart	31

02

D'Aktualitéiten

Informatioun	33
Facture MyGuichet	34
Nationalfeierdag 2026	35
Chantieren	36 – 38

04

De Klaatsch & Traatsch

État civil	49
Agenda: Abrëll - Juli	50
Naturaktivitéiten vum SIAS 2026	51
Klima- a Biodiversitéitsdag	52
Starkregen: Positive Effekte durch intakte Auenflächen	53
A Wiewesch Agenda	54 – 55
Club Muselheem Aktiv+	56 – 57

05

Den Zäitverdreif

Gebeezte Lamm-Kotletten	59
Springende Frösche	59

03

De Réckbléck

D'Eisebunn an de Manternacher Tunnel	41 – 47
--------------------------------------	---------

06

De Raider

19.11.2025	61 – 68
12.12.2025	69 – 76
28.02.2026	77 – 82
Avis au public	82
Rare Disease Day 2026	83



Virwuert vum Buergermeeschter

Préface par Monsieur le Bourgmestre

LU Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

ech hoffen dir hutt dat neit Joer all gutt ugefaangen, an dat bei beschter Gesondheet. Am Numm vum Schäffen- a Gemengerot wënschen ech Iech weiderhin nëmmen dat Besch. Wéi dir a menger Ried am Kader vun der Neijoerschreptioun (S.14) liese kënnt, hu mir am Budget fir d'Joer 2026 erëm vill ambitionéiert Projeten, fir d'Liewensqualität fir d'Biergerinnen a Bierger an der Gemeng weider ze verbessern. Ech soen dem Schäffen- a Gemengerot e grouse Merci fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht. Et komme weider vill Aufgaben op eis duer an dofir och dem ganze Personal vun der Gemeng e grouse Merci fir hiren Asaz.

FB Chères citoyennes et citoyens,

J'espère que vous avez tous bien commencé la nouvelle année et ce en bonne santé. Au nom du collège des bourgmestre et échevins et du conseil communal, je vous souhaite le meilleur pour la suite. Comme vous pourrez le lire dans mon discours prononcé lors de la réception du Nouvel An (p. 14), nous avons de nouveau inscrit de nombreux projets ambitieux dans le budget de l'exercice 2026, afin de continuer à améliorer la qualité de vie des citoyennes et citoyens de notre commune. Je remercie sincèrement le collège des bourgmestre et échevins ainsi que le conseil communal pour leur collaboration constructive. De nombreuses tâches nous attendent encore et c'est pourquoi j'adresse également un grand merci à l'ensemble du personnel communal pour son engagement.



**Mir sinn eng
Gemeng, déi sech
den Defie stellt an
hier Hausaufgaben
[...] mécht, an dorop
si mir ganz houfreg.**

Niewent dem groussen Aarbechtsopwand bedeiten déi vill Projeten natierlech och e groussen Impakt op d'Finanze vun der Gemeng. Och wann d'Projeten op Grond vu verschiddenen, meeschtens externen Ëmstänn, oft net esou progresséieren, wéi mir eis dat géinge wënschen, wäerten déi vill noutwendeg Investissemter eis vill Geld kaschten. Mir sinn eng Gemeng, déi sech den Defie stellt an hier Hausaufgaben an de verschiddene Beräicher wéi Schoul, Kannerbetreuung, Waasser, Ofwaasser, Infrastrukturen an sou weider mécht, an dorop si mir ganz houfreg. Mir bleiwen net stoe respektiv lafen der Entwécklung hannendrun, mee gestalte proaktiv d'Zukunft vun der Gemeng an hire Biergerinnen a Bierger. Trotz dëse villen Investissemter komme mir aktuell nach ëmmer laanscht een Emprunt, wat bedeit, dass eis Gemeng finanziell gesi ganz gutt do steet a gutt präparéiert ass fir d'Zukunft. Duerch dës vill Investissemter an d'Zukunft vun eiser Gemeng sinn ech dann ëmsou méi frou, dass ech an enger Reunioun um Inneministère zesumme mam Service Technique an e bëssen Hartnäckegkeet, konnt erreechen, dass mir fir de Bau vun der Kasär fir de CIS Manternach e wesentlech méi héije Subside kréien, wéi mir dat vun der fréierer Inneministesch zougesot kritt haten. Mir soen der Regierung e grouse Merci fir dës zousätzlech finanziell Mëttel, déi mir gutt kënne gebrauchen. Niewent de kontinuéierlech klammenden Dotatioune fir d'Gemengen deet dës Zouwendung dem Budget vun der Gemeng ganz gutt.

Outre la charge de travail considérable, les nombreux projets représentent naturellement un impact important sur les finances de la commune. Même si les projets ne progressent pas toujours aussi rapidement que nous le souhaiterions, en raison de diverses circonstances, le plus souvent externes, les nombreux investissements nécessaires représenteront des coûts importants. Nous sommes une commune qui relève les défis et qui fait ses devoirs dans les différents domaines tels que l'école, la garde d'enfants, l'eau, l'assainissement, les infrastructures et bien d'autres, et nous en sommes très fiers. Nous ne restons pas sur place ni ne courons derrière le développement, mais nous façonnons de manière proactive l'avenir de la commune et de ses citoyennes et citoyens. Malgré ces nombreux investissements, nous parvenons actuellement encore à éviter le recours à un emprunt, ce qui signifie que notre commune se trouve dans une très bonne situation financière et est bien préparée pour l'avenir. Compte tenu des nombreux investissements dans l'avenir de notre commune, je suis d'autant plus heureux d'avoir pu obtenir, lors d'une réunion au Ministère de l'Intérieur, en collaboration avec le Service technique et avec un peu de persévérance, un subside nettement plus élevé pour la construction de la caserne du CIS Manternach que celui qui nous avait été accordé par l'ancienne ministre de l'Intérieur. Nous remercions vivement le Gouvernement pour ces moyens financiers supplémentaires, dont nous avons bien besoin. En plus des dotations qui augmentent continuellement pour les communes, cette allocation fait du bien au budget de la commune.


E Sujet, deen an der Politik momentan ganz aktuell ass, an dat vollkommen zu Recht, ass dee vun der Resilienz. Op Grond vun ëmmer méi Krisen op der Welt, an dat an de verschiddenste Formen, a Naturkatastrophen ass et wichtig, fir sech op eventuell Problemer ze präparéieren. D'Regierung huet sech eng national Resilienz-Strategie op de Fändel geschriwwen an och d'Gemengen si gefuerdert, fir eng lokal Strategie opzestellen. Mir als Responsabel vun der Gemeng Manternach wëllen dës Opfuerderung natierlech sou schnell wéi méiglech nokommen, an dofir hu mir och eng e Bureau beoptraagt, fir mat eis zesummen eise Resilienzplang aus ze schaffen. Natierlech hofft een, dass een dësen ni fir en Eeschtfall brauch, mee trotzdem ass et gutt, fir se ze hunn. Den CIS Manternach wäert dann och mat engem Projet dofir suergen, dass mir a punkto Equipement besser fir een eventuellen Eeschtfall präparéiert sinn. Si hunn an dem Kader e Konzept ausgeschafft, wat de Numm „Manternach prepared“ dréit, a wat och der Gemeng soll hëllef, besser fir méiglech kritesch Situatioune präparéiert ze sinn. Hinnen e grouse Merci fir hiren Engagement am Sënn vun enger méi resilienter Gemeng Manternach. Mir wäerten an Zukunft nach méi Informatiounen heizou ginn an och versichen, d'Biergerinnen a Bierger sou gutt wéi méiglech iwwer dës Pläng ze informéieren a mat an ze bannen.

Ech wënschen Iech vill Freed bei Liesen an Duerchkucke vum éischte Buët fir dës Joer. Wann dir Froen oder Suggestiounen hutt, kennt dir mir gäre schreiwen: jean-pierre.hoffmann@manternach.lu, oder e Rendez-vous bei mir op der Gemeng froen.

Jempi Hoffmann
Buergermeeschter / Bourgmestre

Un sujet qui est actuellement très présent en politique, et ce à juste titre, est celui de la résilience. En raison de crises de plus en plus nombreuses dans le monde, sous les formes les plus diverses, et de catastrophes naturelles, il est important de se préparer à d'éventuels problèmes. Le Gouvernement s'est fixé comme objectif l'élaboration d'une stratégie nationale de résilience et les communes sont également appelées à établir une stratégie locale. En tant que responsables de la commune de Manternach, nous souhaitons naturellement répondre à cet appel le plus rapidement possible, et c'est pourquoi nous avons chargé un bureau d'études d'élaborer avec nous notre plan de résilience. Bien sûr, on espère ne jamais en avoir besoin en cas d'urgence, mais il est néanmoins important de l'avoir. Le CIS Manternach veillera également, à travers un projet, à ce que nous soyons mieux préparés en termes d'équipement pour un éventuel cas d'urgence. Ils ont élaboré dans ce cadre un concept intitulé « Manternach prepared », qui doit également aider la commune à être mieux préparée face à d'éventuelles situations critiques. Un grand merci à eux pour leur engagement en faveur d'une commune de Manternach plus résiliente. Nous fournirons à l'avenir davantage d'informations à ce sujet et nous nous efforcerons d'informer au mieux les citoyennes et citoyens sur ces plans et de les y associer.

Je vous souhaite beaucoup de plaisir à la lecture et à la découverte du premier « Buët » de cette année. Si vous avez des questions ou des suggestions, n'hésitez pas à m'écrire : jean-pierre.hoffmann@manternach.lu, ou à prendre rendez-vous avec moi à la commune.



D'Liewen an der Gemeng



Don un de Cercle Eric Haas asbl - Centre Biergop

Don au Cercle Eric Haas asbl - Centre Biergop

LU

E Freideg, den 12. Dezember 2025, huet de Gemengerot e Scheck vu 5.000 € un de Cercle Eric Haas asbl iwwerreicht.

Dëse schéine Geste ass duerch d'Quête vun der Adventsfeier vun der Seniorekommissioun méiglech ginn. Merci un all déi, déi matgemaach an dëst Evenement ënnerstëtzt hunn!

De Cercle Eric Haas asbl mat sengem Centre Biergop zu Manternach hëlleft jonke Leit, déi a schwéiere Liewenssituatiounen stiechen an et aus verschiddene Grënn schwéier hunn, selbststänneg an d'Liewen ze fannen. Am Centre Biergop kritt dës Hëllef konkret Form: do fannen déi Jonk en oppent, waarmt an zouversichtlecht Ëmfeld, wou si individuell begleet ginn – esou wéi et hire Besoinen am Beschten entsprécht.

FR

Ce vendredi 12 décembre 2025, le Conseil Communal a remis un chèque de 5.000 € au Cercle Eric Haas asbl.

Ce beau geste a été rendu possible grâce aux quêtes de la fête de l'Avent organisée par la Commission des Seniors. Merci à toutes celles et tous ceux qui ont participé et soutenu cet événement !

Le Cercle Eric Haas asbl, avec son Centre Biergop à Manternach, vient en aide à des jeunes qui se trouvent dans des situations de vie difficiles et qui, pour diverses raisons, peinent à trouver leur autonomie. Au Centre Biergop, cette aide prend une forme concrète : les jeunes y trouvent un environnement ouvert, chaleureux et bienveillant, où ils bénéficient d'un accompagnement individualisé – adapté au mieux à leurs besoins.

Adventsfeier vun der Seniorekommissioun 2025

Célébration de l'Avent de la commission des seniors 2025

LU

Dëst Joer war erëm eis traditionell Adventsfeier vun der Seniorekommissioun zu Berbuerg am Beaufepaire. Bei engem gudden lessen hunn d'Leit aus der Gemeng e flotten a gesellegen Nomëtteg zesumme verbruecht. Am Kader vun der Feier sinn eis 80-järeg Matbiergerinnen a Matbierger geéiert ginn. De Cercle Eric Haas an säi Centre Biergop zu Manternach goufen dobäi virgestallt, an no der Presentatioun gouf eng Quête fir d'asbl organiséiert.

FR

Cette année, notre traditionnelle célébration de l'Avent de la commission des seniors s'est à nouveau tenue à Berbourg au Centre Beaufepaire. Autour d'un bon repas, les habitants de la commune ont passé ensemble un agréable après-midi convivial. Dans le cadre de cette fête, nos citoyennes et citoyens de 80 ans ont été mis à l'honneur.

Le Cercle Eric Haas et son Centre Biergop à Manternach ont été présentés à cette occasion, et une quête a été organisée en faveur de l'asbl après la présentation.



Visitt vun der Chamber

LU

D'Jugend- a Sportskommissioun war den 22. November op Visitt an d'Chamber, wou den Deputéierten Ricardo Marques d'Chamber présentéiert huet. Eng interessant Féierung mat spannenden Ablécker!

Visite de la Chambre des Députés

FR

La Commission de la jeunesse et des sports s'est rendue à la Chambre des Députés le 22 novembre, où le député Ricardo Marques a présenté la Chambre. Une visite guidée passionnante avec des aperçus très intéressants !

LU

De 6. Januar 2026 war déi traditionell Neijoersreceptioun vun der Gemeng Manternach zu Berbuerg am Centre Beaurepaire. A senger Ried ass de Buergermeeschter Jempi Hoffmann op déi aktuell an zukünfteg Projete vun der Gemeng agaangen, déi d'Liewensqualitéit vun den Awunner verbessere sollen. Hien huet dem Inneminister Léon Gloden Merci gesot fir d'Ënnerstëtzung an déi gutt Zesummenaarbecht. De Buergermeeschter huet sech och besuert gewisen iwwert déi aktuell politesch Situatioun an der Welt. E grouse Merci gouf un all eis Bierger, Veräiner, Benevollen, Servicer a Mataarbechter adresséiert – esou wéi un eis Nopeschgemengen – fir dat flott Zesummeliewen an Zesummeschaffen an eiser Gemeng.

FR

Le 6 janvier 2026 a eu lieu la traditionnelle réception du Nouvel An de la Commune de Manternach à Berbourg, au Centre Beaurepaire. Dans son discours, le bourgmestre Jempi Hoffmann a évoqué les projets actuels et futurs de la commune, visant à améliorer la qualité de vie des habitants. Il a remercié le Ministre des Affaires intérieures Léon Gloden, pour son soutien et la bonne collaboration. Le bourgmestre s'est également montré préoccupé par la situation politique actuelle dans le monde. Un grand merci a été adressé à tous nos citoyens, associations, bénévoles, services et collaborateurs – ainsi qu'à nos communes voisines – pour le bel esprit de vivre-ensemble et la collaboration au sein de notre commune.

Fotoen/Photos : ©Edy Frières

Neijoersreceptioun 2026

Réception du Nouvel An 2026



LU

(...) Léif Leit alleguer,

ech si frou iech alleguer hei kënnen ze begrëssen a wënschen iech alleguer am Numm vum Schäffen- a Gemengerot e schéint neit Joer, dass all är Wënsch an Erfëllung ginn an dat bei beschter Gesondheet. Ech hoffen dir hutt gutt am Krees vun ärer Famill gefeiert. Mir sollen awer och un all déi Leit denken, deenen et haut net sou gutt geet. Ech denken do besonnesch un all déi vill Leit, déi an de sëllege Krichsgebiddere op der Welt liewen, der et jo leider ëmmer méi op der Welt ginn. Et muss een sech scho Suerge maachen, wann de President vun der gréisster Demokratie vun der Welt mëttlerweil scho mengt, e misst sech net méi un dat internationaalt Volleksrecht halen an einfach mécht wat hie well.

Wéi all Joer bitt dës Receptioun d'Geleeënheet, e klenge Réck- an Ausbléck zu den Aktivitéiten an der Gemeng ze maachen. Dem Schäffen- a Gemengerot ass vill dru geleeën och an de nächste Jore weider an d'Attraktivitéit an d'Liewensqualitéit vun der Gemeng ze investéieren an am Sënn vun alle Biergerinnen a Bierger an alle véier Dierfer vun der Gemeng. Op den 1.1 hate mir genau 2.289 Awunner an der Gemeng.

Dës Joer ass erëm vill an der Gemeng geschafft ginn. Besonnesch frou si mir natierlech, dass de Bau vum Gebai fir de CIS Manternach ofgeschloss ass an d'Plënnneraktioun zäitno ka starten. Dës ass e wichtege Schrëtt fir de CIS an domat och fir d'Sécherheet vun alle Leit aus der Gemeng. Duerch d'Plënnere gi verschidde Raimlechkeete fräi, déi aner Veräiner an d'Gemeng kënnen notzen. Mir freeën eis da schonn op d'Aweiung vum Bau am Mee a Präsenz vum Här Inneminister. D'Jugendpompjeeë wäerten dann och dës Joer hiren 30. Anniversaire feieren, wat jo och gutt an de Kader passt. Mir wäerten dann och nach eng Kéier um Ministère uklappen, fir de Subside nach erhéicht ze kréien. Duerch dësse Bau huet net just de CIS en neit Gebai, nee duerch d'Heizzentral mat Fernwärmenetz konnten de Beaurepaire, d'Schoul an d'Maison Relais mat erneierbarer Energie versuert ginn. Doduerch spueren mir net manner wéi 80'000 Liter Mazout am Joer.

Zu Manternach dann ass de Bau vun enger neier Crèche fir knapp 60 Kanner viru gaangen, wann och net sou wéi geplangt. Mir hoffen awer, dësse Bau bis zum Enn vum Joer ofschléissen ze kënnen, well et ass eng immens grouss Demande an der Gemeng fir Crèche-Plazen, an dësere Demande wëlle mir als modern Gemeng natierlech nokommen.

FR

(...) Chers concitoyens,

Je suis heureux de pouvoir vous accueillir tous ici et je vous souhaite, au nom du collège des bourgmestre et échevins et du conseil communal, une bonne et heureuse année, que tous vos vœux se réalisent et ceci en excellente santé. J'espère que vous avez bien fêté en famille. Nous devons cependant aussi penser à aux personnes qui ne vont pas bien aujourd'hui. Je pense en particulier à toutes les personnes qui vivent dans les nombreuses zones de conflit à travers le monde, dont le nombre ne cesse malheureusement d'augmenter. On ne peut que s'inquiéter quand le président de la plus grande démocratie du monde estime désormais ne plus devoir respecter le droit international et fait simplement ce qu'il veut.

Comme chaque année, cette réception offre l'occasion de faire un petit bilan rétrospectif et prospectif des activités de la commune. Le collège des bourgmestre et échevins et le conseil communal tiennent à continuer à investir dans l'attractivité et la qualité de vie de la commune, dans l'intérêt de l'ensemble des citoyennes et citoyens des quatre villages de la commune. Au 1^{er} janvier, la commune comptait exactement 2.289 habitants.

Cette année encore, beaucoup de travaux ont été réalisés dans la commune. Nous sommes particulièrement heureux que la construction du bâtiment du CIS Manternach soit achevée et que le déménagement puisse débiter prochainement. Il s'agit d'une étape importante pour le CIS et donc aussi pour la sécurité de tous les habitants de la commune. Grâce au déménagement, différents locaux seront libérés, pouvant être utilisés par d'autres associations et par la commune. Nous nous réjouissons de l'inauguration du bâtiment au mois de mai en présence de Monsieur le Ministre de l'Intérieur. Les jeunes sapeurs-pompiers célébreront également cette année leur 30e anniversaire, ce qui s'inscrit parfaitement dans ce contexte. Nous ferons également une nouvelle demande auprès du ministère pour obtenir une augmentation du subsidie. Grâce à cette construction, ce n'est pas uniquement le CIS qui dispose d'un nouveau bâtiment : la chaufferie avec réseau de chaleur a permis d'alimenter le Beaurepaire, l'école et la Maison Relais en énergie renouvelable. Cela permet d'économiser pas moins de 80 000 litres de mazout par an.

À Manternach, la construction d'une nouvelle crèche pour près de 60 enfants a avancé, même si ce n'est pas autant que prévu. Nous espérons cependant pouvoir terminer cette construction d'ici la fin de l'année, car la demande de places en crèche est énorme dans la commune, et en tant que commune moderne, nous souhaitons bien entendu répondre à cette demande.



Zesumme mat der Post suerge mir dann och nach an all deene Stroossen vun der Gemeng, wou dat nach net de Fall ass, fir e schnellen Internet, wat jo haut ganz wichteg ass. No Berbuerg a Mënjecker ass et dann nächst Joer nach un e puer Stroossen zu Manternach a Lelleg.

Zu Lelleg dann ass d'Erneuerung vun der Stroossen an der Hiel, dem Burwee an am Bierg scho gutt viru gaangen an d'Aarbechte sollte bis de Summer ofgeschloss ginn. Dëse Projet, wéi och all aner Stroossebauarbeiten, bréngt natierlech ëmmer Onannehmlechkeete fir d'Awunner mat sech, mee fir hoffen do op d'Versteesdemech well et jo och am Sënn vun de Leit ass.

Wéi jidderee ka gesinn, ass d'lescht Joer och d'Wandmillen opgeriicht ginn an a Betrib gaangen. Si erlaabt et, Energie fir bal dräi mol sou vill Menagen ze produzéieren, wéi mir an der Gemeng hunn. Mir sinn deemno an dem Sënn autark. Ab dem Fréijoer 2027 hunn d'Biergerinnen a Bierger dann och d'Méiglechkeet, Parte vun der Wandmillen ze kafen.

Fir d'Mobilitéit vun de Bierger ze verbessern, ass de Service vum Ruffbus weider ausgebaut ginn an dir kennt och weiderhi vum Latenight Bus oder der Night Rider Kaart profitéieren.

Dat wichtegst den Owend sollt awer den Ausbléck op d'Joer 2026 sinn. Mir hunn de Budget unanime gestëmmt an hunn eis och fir dat neit Joer erëm vill virgeholl. Ech sinn dowéinst och frou, dass d'Dotatiounen, déi mir vum Staat kréien, an de leschte Jore kontinuéierlech an d'Luucht gaange sinn a soen der Regierung e grouse Merci dofir. D'Gemenge sinn dorop ugewisen, a mir freeën eis, dass och d'Subside fir verschidde Projeten nach erhéicht ginn. Zu de Projete fir d'nächst Joer gehéiert och, dass déi Projeten, déi schonn entaméiert sinn an ech schonn deelweis opgezielt hunn, fäerdeg gestallt ginn.

En collaboration avec la Poste, nous assurons également la mise en place d'un Internet rapide dans toutes les rues de la commune où cela n'est pas encore le cas, ce qui est aujourd'hui essentiel. Après Berbourg et Münschecker, ce sera l'année prochaine au tour de quelques rues à Manternach et Lellig.

À Lellig, la rénovation des rues « An der Hiel », « Burwee » et « Am Bierg » a bien avancé et les travaux devraient être achevés d'ici l'été. Ce projet, comme tous les autres travaux de voirie, entraîne naturellement des désagréments pour les résidents, mais nous comptons sur leur compréhension car c'est aussi dans leur intérêt.

Comme chacun a pu le constater, l'éolienne a été érigée l'année dernière et mise en service. Elle permet de produire de l'énergie pour près de trois fois le nombre de ménages de notre commune. Nous sommes donc autosuffisants en ce sens. À partir du printemps 2027, les citoyennes et citoyens auront la possibilité d'acquérir des parts de l'éolienne.

Afin d'améliorer la mobilité des citoyens, le service du Ruffbus a été davantage développé et vous pouvez continuer à profiter du Latenight Bus ou de la carte Night Rider.

L'essentiel de cette soirée devrait cependant être les perspectives pour l'année 2026. Nous avons voté le budget à l'unanimité et nous nous sommes fixé [COD- keen Accord] de nombreux objectifs pour la nouvelle année. Je suis également heureux que les dotations que nous recevons de l'État aient augmenté ces dernières années et je remercie le gouvernement. Les communes en dépendent et nous nous réjouissons que les subsides pour différents projets aient également été augmentés. Parmi les projets de l'année prochaine figure également l'achèvement des projets déjà entamés et que j'ai déjà en partie énumérés.

An och do huet d'Kannerbetreuung eng ganz héich Prioritéit. Well d'Maison Relais lo scho quasi ze kleng ass, hunn ech scho viru fénnef Joer ugefaangen, drop ze drängen, se auszubauen. Ech si frou, dass dann Enn dës Joer endlech d'Aarbechte kennen ugoen. Et gëtt als éischt ee Modularbau hei bei déi nei Schoul gebaut. Dëse gëtt dann als Maison Relais an als Crèche genotzt, während d'Gebai vun der Maison duerch en neie Stack vergréissert gëtt. Dat neit Gebai kann dann, wann d'Opstockung vun der Maison Relais fäerdeg ass, als Schoul genotzt ginn, well dës ass och un der Limitt vun der Kapassitéit ukomm. Dës Projet'e wäerten och nach am Detail fir all d'Biergerinnen a Bierger aus den zwou Gemenge presentéiert ginn. Weiderhin hu mir dann och e Schoulbongert bei der Schoul amenagéiert, wou ab dem Fréijoer d'Kanner kënnen vill léieren. Nom Schoulgaart ass dës eng weider flott Plaz, wou d'Kanner kennen dobausse léieren. Fir nach méi op d'Besoin vun de Kanner anzugehen, sinn ech frou dass mir elo niewent dem Kannerrot an der Maison Relais och esou een an der Schoul hunn. Si sollen dann och an de nächste Joren zesumme fannen. A reegelméissegem Entrevuë wäerte mir de Kanner nolauscheren a versichen, hir Iddien ëm ze setzen. En éischte Projet war den Amenagement vun enger neier Spillplaz, dee momentan an der Planungsphas ass.

E wichtige Pilier vum Duerfliewe bleift eis Veräinsliewen. An dofir ass et dem Schäffen- a Gemengerot wichteg, weiderhin Hand an Hand mat de Veräiner an hire Vertrieeder zesummen ze schaffen. Mee och hir Infrastrukturen si wichteg. Sou sollen an de nächste Joren de Fiisschen an de Beurepaire ganz erneiert a moderniséiert ginn, fir sech un déi nei Gesetzer a Standarden unzepassen. Fir de Fussball sollen an de nächste Joren nei Vestiairen direkt um Terrain installéiert ginn.

L'accueil des enfants reste une priorité très élevée. Étant donné que la Maison Relais est déjà pratiquement trop petite, j'ai commencé il y a cinq ans à insister sur son agrandissement. Je suis heureux que les travaux puissent enfin débuter fin de cette année. Dans un premier temps, un bâtiment modulaire sera construit près de la nouvelle école. Celui-ci servira de Maison Relais et de crèche pendant que le bâtiment de la Maison Relais sera agrandi par un étage supplémentaire. Le nouveau bâtiment pourra ensuite, une fois l'agrandissement de la Maison Relais terminé, être utilisé comme école, car celle-ci a également atteint les limites de sa capacité. Ces projets seront également présentés en détail à l'ensemble des citoyennes et citoyens des deux communes. Par ailleurs, nous avons aménagé un verger scolaire près de l'école, où les enfants pourront apprendre beaucoup de choses à partir du printemps. Après le jardin scolaire, c'est un autre bel espace où les enfants peuvent apprendre en plein air. Afin de mieux répondre aux besoins des enfants, je suis heureux que nous ayons désormais, en plus du conseil des enfants à la Maison Relais, également un tel conseil à l'école. Ils devront se concerter au cours des prochaines années. Lors d'entrevues régulières, nous écouterons les enfants et essaierons de mettre en œuvre leurs idées. Un premier projet était l'aménagement d'une nouvelle aire de jeux, qui est actuellement en phase de planification.

Un pilier important de la vie villageoise est notre vie associative. C'est pourquoi il est important pour le collège des bourgmestre et échevins et le conseil communal de continuer à travailler main dans la main avec les associations et leurs représentants. Mais leurs infrastructures sont également importantes. Ainsi, le Fiisschen et le Beurepaire devront être entièrement rénovés et modernisés au cours des prochaines années, afin de se conformer aux nouvelles lois et normes. Pour le football, de nouveaux vestiaires seront installés directement au terrain au cours des prochaines années.

Am Kampf géint de Klimawandel ass et eis och als klengen Acteur vill dru geleeën, eis aktiv z'engagéieren. Niewent der Wandmillen an de kommunale Fernwärmenetzer wäerte mir och weider a Mesuren investéieren, fir géint de Klimawandel virzegoen.

Een Thema wat oft vergiess gëtt an awer ganz wichteg ass, sinn eis Kläranlagen. Mënjecker wäert d'nächst Joer un d'Anlag zu Maacher ugeschloss ginn. Fir d'Kläranlag tëschent Manternach sinn ech frou, dass mir dës Joer zesumme mam Sidest an der Gemeng Bech eng Léisung fonnt hunn, fir hei viru Berbuerg eng nei Kläranlag z'installéieren, déi de meisten Normen entsprécht an eis Retarden an dem Secteur wäert ophuelen. Ech soen do dem Norb Classen e grouse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. Dëse Projet ass allerdéngs richt virgesinn, fir am Joer 2031 fäerdeg gestallt ze ginn.

Een heikelt Thema bleift de Logement hei am Land. Leider geet eise PAP an Harnisch op Grond vun de Kapazitéitsengpäss vun der Kläranlag net wéi erhofft virun. Trotzdeem soll alt d'nächst Joer do schonn e Multisport amenagéiert ginn, deen zu enger attraktiver Plaz fir Kanner a Jugendlecher wäert ginn. Fir de Wunningsbau an der Gemeng ze fërderen, wäerten zu Lelleg Bauplazen entsoen, fir déi jonk Leit aus der Gemeng eng Prioritéit hunn. Aus deem Grond wäert déi fréier Schoul, déi net méi wierklech en Notze fir d'Gemeng huet, d'nächst Joer ofgerappt ginn.

D'Moderniséierung vun der Gemeng ass weiderhin e wichtige Sujet. No villen Efforten an dësem Beräich an de leschte Jore wëlle mir dëst nach wieder virun driewen. Niewent der Modernisatioun vum Gemengenhaus soll dëst och konform zu den aktuellen Norme gesat ginn. D'Gemeng soll net just méi mat Videoen op de soziale Medie präsent ginn, mee duerch eis digital Reideren sollen d'Leit och besser a méi séier iwwert alles, wat an der Gemeng wichteg ass, informéiert ginn.

D'Verkéierssicherheit an der Gemeng bleift e wichtige Sujet, mir wäerten och wieder Verkéiersberouegungen an den Agäng vun den Dierfer amenagéieren. De Projet, fir 30er Zonen op den Haaptachsen, wou vill Leit a Kanner circuléieren, ass méttlerweil bei der Ponts & Chaussées a mir waarden op hiren Avis. Mir hoffen, 2027 endlech dës 30er Zonen, déi fir méi Sécurité an eisen Dierfer suerge wäerten, kennen z'amenagéieren.

Eng wichteg Neiegkeet säit dem 1. Januar ass eise Service de Proximité, dee mir zesumme mat de Gemenge Biver a Mäertert agefouert hunn. Dëse Service ass am Sënn vum Bierger an déngt haaptsächlech der Preventioun. De Service wäert am Detail vum Chef de Service, dem Marc Thilgen, de 27. Januar hei am Beaufaire presentéiert ginn.

Dans la lutte contre le changement climatique, il nous tient à cœur, même en tant que petit acteur, de nous engager activement. Outre l'éolienne et les réseaux de chaleur communaux, nous continuerons à investir dans des mesures de lutte contre le changement climatique.

Un sujet souvent oublié mais pourtant très important concerne nos stations d'épuration. Münschecker sera raccordé l'année prochaine à la station de Grevenmacher. Quant à la station d'épuration entre Manternach, je suis heureux que nous ayons trouvé cette année, en collaboration avec le SIDEST et la commune de Bech, une solution pour installer une nouvelle station d'épuration en amont de Berbourg, qui répondra aux normes les plus récentes et rattrapera nos retards dans ce secteur. Je remercie Norb Classen pour l'excellente collaboration. Ce projet est toutefois prévu pour être achevé en 2031.

Le logement reste un sujet délicat dans le pays. Malheureusement, notre PAP à Harnisch n'avance pas comme espéré en raison de la station d'épuration. Néanmoins, un terrain multisports devrait déjà y être aménagé l'année prochaine, qui deviendra un lieu attractif pour les enfants et les jeunes. Afin de promouvoir la construction de logements dans la commune, des terrains à bâtir seront viabilisés à Lellig, pour lesquels les jeunes de la commune auront la priorité. C'est pour cette raison que l'ancienne école, qui n'a plus de réelle utilité pour la commune, sera démolie l'année prochaine.

La modernisation de la commune reste un sujet important. Après de nombreux efforts dans ce domaine ces dernières années, nous souhaitons continuer à aller de l'avant. Outre la modernisation de la mairie, celle-ci devra également être mise en conformité avec les normes actuelles. La commune ne sera pas seulement davantage présente avec des vidéos sur les réseaux sociaux, mais grâce à nos outils numériques, les habitants seront également mieux et plus rapidement informés de tout ce qui est important dans la commune.

La sécurité routière dans la commune reste un sujet important. Nous continuerons à aménager des mesures d'apaisement du trafic aux entrées des villages. Le projet d'instaurer des zones 30 dans les rues où circulent beaucoup de piétons et d'enfants est entre-temps soumis à l'Administration des Ponts et Chaussées et nous attendons leur avis. Nous espérons pouvoir enfin aménager des zones 30 en 2027, qui contribueront à davantage de sécurité dans nos villages.

Une nouveauté importante depuis le 1^{er} janvier est notre Service de Proximité, que nous avons mis en place conjointement avec les communes de Biver et de Mäertert. Ce service est dans l'intérêt des citoyens et sert principalement à la prévention. Le service sera présenté en détail par le chef de service, Marc Thilgen, le 27 janvier ici au Beaufaire.

Ech mengeloch hunn ech déi wichtegst Projeten opgezielt. Ech wëll awer och vun der Geleeënheet profitéieren, verschiddene Leit Merci ze soen.
(...)

Ofschléissend well ech iech alleguer nach eng Kéier all Guddes wënschen an invitéieren iech am Numm vum Schäffen- a Gemengerot elo nach op e Patt an eppes Klenges z'iessen. Merci fir är Opmierksamkeet.

*Je pense avoir énuméré les projets les plus importants. Je souhaite également profiter de cette occasion pour remercier différentes personnes.
(...)*

Pour conclure, je souhaite encore une fois vous présenter à tous mes meilleurs vœux et vous invite, au nom du collège des bourgmestre et échevins et du conseil communal, à prendre un verre et une petite collation. Merci pour votre attention.



Service de Proximité et de l'Ordre (SPO)



// Kontakt – SPO / Contact – SPO

Tél. : 74 00 16 – 194 | E: spo@manternach.lu



Marc Thilgen

Agent Municipal & Garde Champêtre –
Chef de service



Jonathan Verpillot

Agent Municipal



Damien Laroudie

Agent Municipal & Garde Champêtre

LU

De 27. Januar gouf de Service de Proximité et de l'Ordre (SPO) vun de Gemenge Mäertert, Biwer a Manternach offiziell virgestallt. A Präsenz vun de Schänneréit vun de Gemenge Mäertert, Biwer a Manternach, Verrieder vun der Police an den 3 Agente vum SPO sinn d'Bierger iwwert den neie Service informéiert ginn. Den SPO ass zënter dem 1. Januar 2026 bei eis aktiv an huet als Missioun, d'Sécherheetsgefill an eise Gemengen ze verstärken, präventiv Moosnamen ëmzesetzen a méi no bei de Bierger ze sinn.

FR

Le 27 janvier, le Service de Proximité et de l'Ordre (SPO) des communes de Mertert, Biwer et Manternach a été officiellement présenté. En présence des collègues échevinaux des communes de Mertert, Biwer et Manternach, de représentants de la Police et des 3 agents du SPO, les citoyens ont été informés sur ce nouveau service. Le SPO est actif chez nous depuis le 1^{er} janvier 2026 et a pour mission de renforcer le sentiment de sécurité dans nos communes, de mettre en œuvre des mesures préventives et d'être plus proche des citoyens.




D'Presentatioun vun der Informatiounsversammlung fannt dir op eiser Internetsäit.

La présentation de la réunion d'information est disponible sur notre site internet.




Presentatioun vun der Informatiounsversammlung

Présentation de la réunion d'information



Liichtmëssdag an der Gemeng Manternach

La Chandeleur dans la commune de Manternach



Buergbrennen 2026

Feu des brandons 2026

Manternach



LU

E Samschdeg, den 21. Februar hu mir zesummen de Wanter verbrannt – an dat direkt op zwou Plazen!

Zu Manternach ass den traditionelle Fakelzuch vun der Gare bis op den Eer gezunn.

Zu Berbuerg beim Beaurepaire hat déi lescht bestuete Koppel vun 2025 d'Éier, d'Buerg unzufänken!

E grouse Merci un d'Pompjeesfrénn CIS Manternach an un de Rudden Hunn Berbuerg fir déi gutt Organisatioun! An natierlech un all déi fläisseg Benevollen, d'Jugendpompjeeën an u Jiddereen, deen dobäi war!

Fir lessen a Gedréngs war beschtens gesuergt!

Bis d'nächst Joer!

Berbuerg



FR

Samedi 21 février, nous avons brûlé l'hiver ensemble – et ce dans deux villages à la fois !

À Manternach, la traditionnelle marche aux flambeaux est partie de la gare jusqu'à Eer.

À Berbourg, au Beaurepaire, le dernier couple marié en 2025 a eu l'honneur d'allumer le feu !

Un grand merci aux Pompjeesfrénn CIS Manternach et au Rudden Hunn Berbourg pour leur excellente organisation ! Et bien sûr à tous les bénévoles dévoués, aux jeunes pompiers et à toutes celles et ceux qui étaient présents !

Restauration et boissons étaient au rendez-vous !

À l'année prochaine !



Kanner „Secondhand“ Maart zu Berbuerg!

LU

Den 8. Mäerz war Kanner-Secondhand-Maart vun der ELVERE am Centre Bearepaire zu Berbuerg. Vill Famillje waren dobäi fir Kleedung, Spillsaachen, Veloën a villes méi ze verkafen an ze entdecken.

E grouse Merci un d'ELVERE Elterevereenegung „Réner“ fir d'Organisatioun an un all déi, déi dobäi waren!

FR

Marché « Secondhand » pour enfants à Berbourg !

Le 8 mars avait lieu le marché secondhand pour enfants de l'ELVERE au Centre Bearepaire à Berbourg. De nombreuses familles étaient présentes pour vendre et découvrir vêtements, jouets, vélos et bien plus encore.

Un grand merci à l'association de parents ELVERE « Réner » pour l'organisation et à tous ceux qui étaient présents !



Grouss Botz 2026

LU

Wéi all Joer hu sech erëm vill engagéiert Matbierger aus der Gemeng Manternach zesummedoen, fir gemeinsam d'Natur e Stéck méi propper ze maachen.

E grouse Merci un all d'Fräiwëlleg, déi sech Zäit geholl hunn a bei dëser Aktioun mat ugepak hunn!

Fir de flotten Asaz ze belounen, goufen all d'Participanten duerno op eng Bouchée à la Reine an e Patt am Kachatelier zu Manternach invitéiert.

Le grand nettoyage 2026

FR

Comme chaque année, de nombreux citoyens engagés de la commune de Manternach se sont rassemblés pour rendre ensemble la nature un peu plus propre.

Un grand merci à tous les bénévoles qui ont pris le temps de participer à cette action !

Pour récompenser leur bel engagement, tous les participants ont ensuite été invités à déguster une Bouchée à la Reine et à prendre un verre au Kachatelier à Manternach.



Quiz Owend

LU

De Quiz Owend vun der Jugend- a Sportskommissioun den 12. Mäerz a Wiewesch war e grouse Succès!

8 Ekippen hu sech mat vill Wëssen a gudder Laun gemooss. E grouse Merci un all d'Ekippen, déi matgemaach hunn, an un d'Jugend- a Sportskommissioun fir d'Organisatioun vun dësem flotten Owend!

Soirée Quiz à Manternach !

FR

La soirée quiz de la Commission de la jeunesse et des sports du 12 mars au Wiewesch a été un vrai succès ! 8 équipes se sont affrontées avec beaucoup de savoir et de bonne humeur. Un grand merci à toutes les équipes participantes et à la Commission de la jeunesse et des sports pour l'organisation de cette superbe soirée !



Regional Museksschoul Iechternach

École Régionale de Musique d'Echternach



LU

Mir si ganz houfreg op eis jonk Talenter aus der Gemeng! Am Kader vun der Diplomiwwerreechung vun der Regionaler Museksschoul Iechternach hunn d'Manternacher Schüler am Ganze 6 Diplomer iwwerrecht kritt.

Häerzlech Felicitatioun un all eis Laureaten – a Merci un d'Enseignanten an d'Eltere fir hiren Asaz an hir Ennerstëtzung.

FR

Nous sommes très fiers des jeunes talents de la commune ! Lors de la Remise des Diplômes de l'École régionale de musique de la Ville d'Echternach, les élèves de Manternach ont reçu au total six diplômes. Félicitations à tous nos lauréats – et un grand merci aux enseignants ainsi qu'aux parents pour leur engagement et leur soutien.



Bistro Hauptmannsschlass

Save
the date

Jiddereen ass häerzlech wëllkomm!



An der Cafeteria

Freideg, 10. Abrëll 2026

17:00 – 22:00 Auer



Op der Terrasse

Freideg, 08 Mee 2026

Freideg, 12. Juni 2026

Freideg, 10. Juli 2026

Freideg, 14. August 2026


Freideg, 11. September 2026

17:00 – 22:00 Auer





247 565 03
awiewesch@anf.etat.lu



Fréijoersmaart

Marché de printemps

Manternach „A Wiewesch“

Save the date

03.05.2026

vun 10 bis 17 Auer

Strooss
Berbuerg Wecker

Manternach
„A Wiewesch“

Freet lech op:

- Regional Produkter
- Iessen a Gedrénks
- Kanneraktivitéiten
- Alles ronderëm de Gaart, mat Berodung a Gaardeplanzen



GEMENG manternach

Save the date

KLEEDER, UEBST A GEMÉIS, HOBBY A FLOUMAART

31. Mee 2026

— 1km Maart —

Berbuerg
vun 9 bis 18 Auer



Fir Iessen an Drénken ass gesuergt

D'Aktualitéiten



Information

Information

// Telefonszentral /
Centrale téléphonique

Tél. : 71 01 72 - 10

// Secrétariat

secretariat@manternach.lu

Claire PIERRET

Secrétaire communale
claire.pierret@manternach.lu

Andy WEBER

Etat Civil / Facturation / Communication
andy.weber@manternach.lu

Maria VIEIRA

Etat Civil / Facturation /
Bureau de la Population
maria.vieira@manternach.lu

Véronique THEWES

Bureau de la Population
veronique.thewes@manternach.lu

Conny SCHILTZ

Réception
conny.schiltz@manternach.lu

// Recette

recette@manternach.lu

Pit HOFFMANN

Receveur communal
pit.hoffmann@manternach.lu

// Service technique

technique@manternach.lu

Marc LOMMER

Responsable service technique
marc.lommer@manternach.lu

Ben THILL

Responsable adjoint service technique
ben.thill@manternach.lu

Marc WANTZ

Chargé technique
marc.wantz@manternach.lu

Wëllkomm an der Ekipp
Bienvenue dans l'équipe



Andreas Altenhofen

Moiien, ech sinn den Andreas Altenhofen.
Säit dem 1. September 2025 schaffen ech als Maurer am Gemengenatelier a verstärken de Service technique, ënnert anerem bei dem Ënnerhalt an der Verschëinerung vun eiser Gemeng. Deelweis sinn ech och am Waasserservice am Asaz. Vu Beruff sinn ech geléierte Betriebsmaurer a Stahlbetonbauer.
Ech si ganz gutt an der Ekipp opgeholl ginn a freeë mech op déi nei Aufgaben.
Privat ginn ech gär wandern a Mountainbike fueren. Ech sinn 40 Joer al, hunn zwee Kanner a wunnen zu Saarbarg.

Bonjour, je m'appelle Andreas Altenhofen.
Depuis le 1^{er} septembre 2025, je travaille en tant que maçon à l'atelier communal et je renforce le Service technique, notamment pour l'entretien et l'embellissement de notre commune. Je suis également partiellement engagé au service des eaux. De formation, je suis maçon d'exploitation et constructeur en béton armé. J'ai été très bien accueilli au sein de l'équipe et je me réjouis des nouvelles missions qui m'attendent. Dans mon temps libre, j'aime faire de la randonnée et du VTT. J'ai 40 ans, deux enfants et j'habite à Sarrebourg.



Facture MyGuichet

LU

Nei: Är Gemengerechnunge op MyGuichet.lu!

Iwwer MyGuichet.lu kënn Dir elo Är Gemengerechnunge ganz einfach elektronesch kréien. Dozou musst Dir just an Ärem private Beräich op MyGuichet.lu Är Zoustëmmung ginn.

Soubal eng nei Rechnung disponibel ass, gitt Dir automatesch informéiert – per E-Mail oder, wann Dir d'MyGuichet-App benotzt, och iwwer Push-Notifikatiounen. D'Rechnung kann duerno sécher online consultéiert an erofgeluede ginn.

Dëst gëllt fir all Gemengen zu Lëtzebuerg a kann zu all Moment zeréckgezu ginn. Ouni dës Zoustëmmung ginn d'Facturë weiderhin iwwer de gewinnte Wee (Courrier oder E-Mail) verschéckt.

FR

Nouveau : vos factures communales sur MyGuichet.lu !

Via MyGuichet.lu, vous pouvez désormais recevoir vos factures communales de manière simple et électronique. Pour cela, il suffit de donner votre consentement dans votre espace privé sur MyGuichet.lu.

Dès qu'une nouvelle facture est disponible, vous êtes automatiquement informé(e) – par e-mail ou, si vous utilisez l'application MyGuichet, également via des notifications push. La facture peut ensuite être consultée et téléchargée en toute sécurité en ligne.

Ce service s'applique à toutes les communes du Luxembourg et le consentement peut être retiré à tout moment. Sans ce consentement, les factures continuent d'être envoyées par la voie habituelle (courrier ou e-mail).



The graphic features the text 'MyGuichet.lu' at the top. Below it, a hand holds a smartphone displaying 'E-Rechnung' with a checkmark. Surrounding the phone are icons for a laptop, a recycling symbol, a hand holding a document, and a tree. At the bottom, there is a QR code and the text 'guichet.public.lu'. The logo for 'GEMENG manternach' is at the bottom right.

Fir weider Informatiounen
Pour tout renseignement supplémentaire




guichet.public.lu

GEMENG
manternach

Invitatioun

Nationalfeierdag 2026



De Nationalfeierdag gëtt eis all Joer d'Geleeënheet, eis Verbondenheet mat eisem Grand-Duc an eisem Land auszudrécken. Gläichzäiteg kommen d'Bierger de politesch Responsabele méi no, an déi nei Bierger ginn an der Gemeng opgeholl.

De Schäffen- a Gemengerot invitéiert lech un de Festivitéiten, déi dëst Joer **Méindes, den 22. Juni 2026** zu Berbuerg organiséiert ginn, deelzehuelen.

Oflaf:

19h30 „Te Deum“ an der Kierch zu Berbuerg

Dono:

- Cortège vun der Kierch bis an de Centre Beaufaire
- Ried vum Buergermeeschter
- Éierewäin

Nom offiziellen Deel:

Backbeat - Classic Rock, Blues a Soul Live-Coverband

Während dem Owend suert d'Entente vu Berbuerg fir Gegrills a Gedrénks!

Chantieren

Crèche „Bei de Fiissercher“ Manternach

LU

D'Aarbechten un der neier Crèche „Bei de Fiissercher“ zu Manternach gi gutt virun: den Dag ass bal fäerdeg an d'Fënstere sinn agebaut. De Projet soll bis Ufank 2027 ofgeschloss sinn, ier d'Crèche puer Méint duerno a Betrib geholl gëtt.

D'Aschreiwunge gi vum CJF Lëtzebuerg geréiert, normalerweis ca. 6 Méint virun der Ouverture – also viraussichtlech Enn2026.

Fir weider Informatiounen kënnt Dir lech gären an der Crèche Renert mellen um Telefon : 71 93 63 – 51

FR

Les travaux de la nouvelle crèche « Bei de Fiissercher » à Manternach avancent bien : le toit est presque terminé et les fenêtres sont posées. Le projet devrait être achevé début 2027, avant la mise en service de la crèche quelques mois plus tard.

Les inscriptions sont gérées par le CJF Luxembourg, généralement environ 6 mois avant l'ouverture – donc probablement fin 2026.

Pour plus d'informations, vous pouvez contacter la crèche Renert par téléphone au 71 93 63 – 51



Aktuelles vum Chantier Pompjeesbau Berbuerg



Caserne des pompiers du CGDIS à Berbourg – Travaux en cours

LU

D'Aarbechten um neie Pompjeesbau vum CGDIS zu Berbuerg sinn an der leschter Phase: déi lescht Detailer gi fäerdeg gestallt, fir datt d'Gebai esou séier wéi méiglech a Betrib geholl ka ginn. D'Aweigung ass am Mee virgesinn an eng Porte ouverte ass fir den 20. Juni 2026 geplangt.

FR

Les travaux de la nouvelle caserne du CGDIS à Berbourg sont dans leur phase finale : les derniers détails sont en cours de finalisation, afin que le bâtiment puisse être mis en service dans les meilleurs délais. L'inauguration est prévue en mai et une journée portes ouvertes est programmée pour le 20 juin 2026.



An der Hiel, Burwee et Um Bierg Lelleg

LU D'Aarbechte fir d'Erneierung vun der Kanalisatioun an de Reseauen zu Lelleg gi gudd virun. De Chantier ass mëttlerweil bei der Kräizung „An der Hiel“ mat „A Fol“ ukomm. Et ass aktuell de gréisste Stroossebauprojet an der Gemeng a soll viraussichtlech am Hierscht dëst Joer ofgeschloss ginn.

FR Les travaux de renouvellement de la canalisation et des réseaux à Lellig progressent bien. Le chantier est désormais arrivé au croisement « An der Hiel » avec « A Fol ». Il s'agit actuellement du plus grand projet de voirie de la commune et il devrait, selon les prévisions, être achevé cet automne.



Covoiturage op der Trottinett?

25


Natierlech net!

POLICE
LËTZEBUERG

All d'Reegele ronderëm
d'E-Trottinett fënns du hei

De Réckbléck

Recherchéiert an dokumentéiert vum Claude Theisen



D'Eisebunn an de Manternacher Tunnel

Am Buet III vun 2018 gouf am Réckbléck den Zuch-Arrêt zu Manternach thematiséiert, well dat deemools genau 120 Joer hier war, wou d'Gemeng 1.500 Frang fir den Opkaf vun Terrainen zwecks Bau vun enger Haltestell zu Manternach ausginn hat. Zu Manternach war keen Arrêt an dem initiale Projet virgesi ginn.

Vue datt den Tunnel och eng interessant Geschicht huet, a flott Fotoen existéieren, sollt dat dem Lieser och net virenthäl ginn, mee fir dat Ganzt besser ze verstoe fënnt dësen an den nächsten Zeilen e kleng Resumé vum Bau vun der Eisebunn:

Am Joer 1845 fënnt een déi éischte Spueren zum Bau vun enger Eisebunnverbindung zu Lëtzebuerg.

Deemools wollt déi englesch „Great Luxembourg Company“ eng Bunn vun Ostende iwwer Bréissel an Arel bis op Lëtzebuerg a Saarbrécke plangen. Vun do aus sollt et weider bis op Triest un der Adria goen. Op Lëtzebuerg Säit sollt d'Streck iwwer Waasserbëlleg op Tréier verlafen. Wéinst finanzielle Schwierigkeeten ass awer aus dësem Projet ni eppes ginn.

Am Joer 1855 sinn dunn awer d'Pläng erëm erausgeholl ginn

an duerch en Ofkommen vum 8. November am selwechte Joer hunn d'Fransousen Adolf Favier a Stefan Jouve d'Konsessioun zum Bau vu verschidde Linne kritt, ënner anerem och eng Bunn vu Lëtzebuerg bis op d'Däitsch Grenz Richtung Waasserbëlleg.

De Bau an d'Etuden hunn sech bis 1861 gezunn.

D'Saach mam Grenziwwergang zu Waasserbëlleg ass den 31. Mee 1858 gekläert ginn, mee méi schwéier ze reegele war de Verlaf vun der Staat Lëtzebuerg bis un d'Grenz vun Däitschland. Duerch groussherzogleche Beschloss sollt d'Streck am Oste vum Land iwwer Éiter an de Museldall bis op Maacher verlafen. Dës Aarbechte sinn am Summer 1859 op der Streck Lëtzebuerg-Éiter ugefaange ginn. Opgrond vu Schwierigkeete mat de Buedemverhältnissen, iwwerdriwwe Fuerderunge vun de Grondbesëtzer an enger éier negativer Haltung vis-à-vis vun de Gemengen aus dem Museldall huet „d'Wilhelm-Luxemburg Eisenbahnen“ am Hierscht 1859 d'Aarbechten agestallt.





Si hate vun Ufank un déi 2 Kilometer méi kuerz Streck duerch de Syrdall virgezu mee hunn awer wéinst dem politeschen Drock zugonschte vun der Muselstreck noginn.

Duerch groussherzogleche Beschloss vum 2. Juni 1860 ass dese Streckeverlaf awer zu Gonschte vun der Syrdallstreck emgeännert ginn.

De 27. Juni 1860 huet „d’Wilhelm-Luxembourg Eisenbahn“ der Regierung d’Pläng fir d’Garen iwwerliwwert.

Deemno sollten zu Éiter, Rued, Wecker a Waasserbëlleg Arrêt’e virgesi ginn. Et war zu där Zäit just eng eegleiseg Streck mat Iwwerhuel- a Kräizungsgleiser souwéi och Luede-Gleiser geplangt. E spéideren Ausbau op eng zweegleiseg Streck war awer bei de meeschte Brécken an Dämm mat virgesi ginn. Déi wichtegst Bauwierker waren de Bissweg-Viadukt (13 Béi mat engem Duerchmesser vu 15 Meter an engem maximaler Héicht vun 32 Meter iwwert dem Dall-Grond, den 210 Meter laangen Tunnel bäi Manternach a 6 Brécken iwwert der Syr.



Den zweegleiseg Streckenausbau vun Éiter op Waasserbëlleg ass duerch dat (Kaiserlesch-Däitscht) Etat’s Gesetz vum 31. März 1897 geneemegt ginn. D’Deelstéck vun Éiter op Lëtzebuerg war an deem Projéit net mat dran, wat esou munches haut erkläert. Deemools hunn „d’Kaiserliche Reichseisenbahnen Elsaß-Lothringen“, déi vun 1872 bis 1918 d’Streckenetz vun de Wilhelm-Luxemburg-Eisenbahnen“ geleet hunn no enger Méiglechkeet fir d’Haaptstad ze ëmfueren andeems eng nei Bunn tëscht Éiter an der Staat sollt gebaut ginn. **D’Streck Éiter-Wecker huet fir den duebelgleiseg Ausbau keng Problemer duergestallt soudatt de Verkéier hei schonn den 1. November 1900 lafe konnt.**

De Rescht vum Streckendeel bis op Bëlleg ass wéinst de kräftege Steigungen duerch de Syrdall zréckgestallt ginn. Fir eng nei Bunn op deser Streck unzeleeën hunn d’finanziell Mëttele gefeelt an dofir ass d’Streck mat de Schinne vu Waasserbëlleg bis op Manternach méi héich geluecht ginn, fir déi extrem Steigung z’entschäerfen. Dës Aarbechte sinn am Laf vum Joer 1906 ugefaange ginn. Well am Syrdall dunn oft de Buedem gerutscht ass, huet et bis den 1. Mee 1911 gedauert bis datt d’Bunn zweegleiseg och vu Wecker bis op Waasserbëlleg a Betrib konnt geholl ginn.

Am März 1957 sinn op de Linne Lëtzebuerg-Diedenhofen a Lëtzebuerg-Bréissel schonn déi éischt elektresch Zich gefuer,

an dofir hunn d’Ingenieure vum CFL och weidergeschafft, fir och d’Ost-Linn vun Esch op Waasserbëlleg elektrifizéiert ze kréien. Et war awer warscheinlech déi schwiergste Streck, well si stoung viru groussen Erausforderungen: Brécken hu misste fir den Abau vun den Uewerleitungen gehuewe ginn an Tunnelle vergréissert gi fir d’Leitungen installéieren ze kënnen. Déi gréisste Schwierigkeet huet do de Manternacher Tunnel mat sengen 210 Meter duergestallt.



Et sinn Iddien op den Dësch komm fir de Problem ze léisen: Eng éischt war den Talus mat de Gleiser ze senken, wat awer wéinst de Brécken iwwer d’Baachen als onméiglech erausgestallt huet. Eng weider Iddi war fir et esou wéi zu Zouffgen ze maachen, also de Plaffong vum Tunnel ofzedroen, fir datt méi Platz entsteet. De Problem war awer datt de Bierg iwwer 35 Meter zu Manternach hat, an doduerch ca. 200.000 Kubikmeter Steng hätte misse beweegt ginn. Vue datt de Syrdall deemools schonn ënner Naturschutz stoung, war dat och eng onméiglech Léisung an et ass och nach de Problem ginn, datt de ganze Bierg, dee gréisstendeels aus Muschelkallék besteet rutsche kéint.

Den 13. Mäerz 1957 hunn sech du Spezialisten zesumme mam CFL zu Manternach an der Gare getraff, fir eng Léisung ze fannen. D’CFL huet matgedeelt, datt si gäre bereet si fir sech och aner Virschléi oder Léisungen unzelauschteren. D’Fuerderunge waren awer natierlech héich: d’Sécherheet vum Verkéier huet missté wärend den Aarbechte garantéiert ginn, an natierlech huet och d’Rentabilitéit misste stëmmen.

D’Léisung war du fir e Gerüst am Tunnel opzeiichten, wou Aarbechter uewen de Verbau quäsi ausgewiesselt hunn an d’Zich nach konnten drënner erduerch fueren. D’Gerüst huet de Plaffong vum Tunnel missen halen an du sinn d’Steng erausgeschloe ginn. Duerno ass an de vergréisserte Verbau mat zesummenhängendem Stol Bëton eralafe gelooss. Dat ganz huet just funktionnéiert, well een eng neimoudesch pneumatesch Betonsförderanlag agesat huet, wouduerch de Bëton no uewe gepompelt konnt ginn an een doduerch net de Bierg uewendriwwer opmaachen huet missen.


Wéi den Tunnel fäerdeg war, war dëse vu 5,80m op 7,30m méi héich ginn. Et war eng efficace an awer och net ongeféierlech Léisung, woubäi awer gesot sollt sinn, datt et zu kengen Accidenter komm war.



Den 29. Oktober 1958 ass den neien Tunnel dunn ageweit ginn andeems en Akt mat follgendem Text an de Mëttelsteen verbaut ginn ass:

HLOC SVBTERRANEVM ITER A.D. MDCCCLXII
 CONFECTVM, A.D. MDCCCLVIII
 ELECTRICITATIS MOTVS CAUSA VSQVE
 AD DIVIDVAM SECTIONEM AMPLIFICATVM,
 SINE VLLA NEGOTII INTERMISSIONE
 VILLOQVE MALO EVEITV,
 CAROLA MAGNA DVCE REGNANTE,
 AVCTORE SOCIETATE FERROVIARI
 LUXEMBURGENSI CIVIVS PRAESBVS
 JOANNES METZDORFF ERAT,
 VICTORE BODSON OPERVM PVBLICORVM
 CVRATORE MAXIMO, FECIT
 AEMILIVS NENNING, OPERIS MAGISTER
 LUXEMBURGENSIS.

„Dieser Tunnel, im Jahre des Herrn 1862
 gebrochen, wurde im Jahre des Herrn 1958,
 ohne Verzögerung und Unglück, vergrößert.
 Großherzogin Charlotte regierte das Land,
 die Luxemburger Eisenbahngesellschaft,
 unter Leitung von Jean Metzdorff, ließ die
 Arbeiten ausführen, Victor Bodson war
 Minister der Öffentlichen Arbeiten, Emile
 Nennig aus Luxemburg war Unternehmer.“

Eng kleng Umierkung zu de Persounen: De Jean Metzdorff war e gebiertege Berbuenger.





Quellen:

- Archives nationales de Luxembourg (FCF-CP-06-0031)
- Brochure Chorale St. Cécile Manternach 1993
- Fotoarchiv Gemeng Manternach

De Klaatsch & Traatsch



Gebuerthen | Naissances



État civil



06.01.1941

De Schäfferot hat der Madamm Gertie Laugs ép. Hellers vu Manternach perséinlech fir hire 85. Gebuertsdag gewénscht. Häerzlech Felicitatiounen a weiderhi gutt Gesondheet, Freed a vill flott Momenter!

Le collège des bourgmestre et échevins a présenté ses vœux personnels à Madame Gertie Laugs ép. Hellers de Manternach à l'occasion de son 85e anniversaire.

Toutes nos félicitations et nos meilleurs vœux de santé, de bonheur et de beaux moments !

— GARCÍA GAMBOA Arnau
23.12.2025

— MENDES ESTEVES Alba
14.01.2026

— GONÇALVES RODRIGUES Isaac
27.01.2026

— SULKERS Roby
11.02.2026

Bestietnesser | Mariages



— STJEPANOVIĆ Ranko & ANTIĆ Aleksandra
22.12.2025

Stierffäll | Décès



— BECKER Catherine Barbara
08.02.2026

— HOFFMANN Irène Anne
16.02.2026

— MAJERUS Astrid Marie Barbe
14.02.2026

— PAFFGEN Mathilde Marianne
02.03.2026

— CURTEN Margarethe
05.01.2026

— JENTGEN Edeltrud Marie
15.02.2026

— MEHN Albert
08.12.2025

— PESCH Joseph Jean
30.11.2025

— DOSTERT Renée Madeleine
09.01.2026

— KERSCH Roger
11.12.2025

— MINELLI Rita
30.11.2025

— SANTICCHI Germano
22.01.2026

— FRITZ Albertine Rosalie
19.01.2026

— MAGNÚSSON Markús Ívar
04.02.2026

— NEU Fernand Nicolas
12.12.2025

— SCHNEIDER Jeff
10.01.2026

Agenda

Abrëll - Juli



GEMENG
manternach

04

Abrëll/Avril

- 03 **Fëschbaaken** zu Berbuerg am Centre Beaurepaire
Org.: FC Berdenia Berbourg
- 10 **Bistro am Hauptmann's Schloss** zu Berbuerg
Org.: Amicale Hauptmann's Schloss Berbuerg
- 19 **Historeschen Trëppeltour duerch d'Fiels**
Org.: Geschichtsfreënn Manternach
- 25 **Holzstee** zu Berbuerg

05

Mee/Mai

- 01 **1. Mee-Feier** zu Berbuerg
Trëppeltour an uschlëissend Kuebecafé
zu Mënjecker „Am Kueb“
Org.: Mënjecker Kueben
- 03 **Fréijoersmaart** zu Manternach „A Wiewesch“
Org.: ANF
- 08 **Bistro am Hauptmann's Schloss** zu Berbuerg
Org.: Amicale Hauptmann's Schloss Berbuerg
- 10 **Trëppeltour** zu Berbuerg & **Mëttegiessen**
Org.: Syndicat d'Initiative Berbuerg
- 14 **Football & More** zu Berbuerg um Terrain
Org.: Entente2B
- 16 **Concert** am Centre Beaurepaire zu Berbuerg
Org.: Bech-Berbuenger Musék
- 24 **Duerffest** zu Bech
Org.: Bech-Berbuenger Musék
- 31 **1KM Maart** zu Berbuerg an der Schoulstrooss

06

Juni/Juin

- 05 **Afterwork** zu Mënjecker „Am Kueb“
Org.: Mënjecker Kueben
- 12 **Penalty Afterwork** zu Berbuerg am „Stade Rénert“
Org.: FC Berdenia Berbourg
- Bistro am Hauptmann's Schloss** zu Berbuerg
Org.: Amicale Hauptmann's Schloss Berbuerg
- 13 **Kings of Penalty** zu Berbuerg am „Stade Rénert“
Org.: FC Berdenia Berbourg
- 20 **Porte Ouverte Centre d'Incendie et de Secours mat Rally**
- 21 **Trëppeltour** duerch Manternach
Org.: Geschichtsfreënn Manternach
- 22 **Virowend vu Nationalfeierdag** an der Gemeng Manternach
- 27 **Summerfest am Hauptmann's Schloss** zu Berbuerg

07

Juli/Juillet

- 03 **Kuebecafé** zu Mënjecker „Am Kueb“
Org.: Mënjecker Kueben
- 10 **Campus-Fest vun der Grondschoul Rénert an der Maison Relais**
Bistro am Hauptmann's Schloss zu Berbuerg
Org.: Amicale Hauptmann's Schloss Berbuerg
- 11 **Duerffest** zu Lelleg
Org.: ALelleg
- 11 **Ofschlossconcert** op der Becher Gare
Org.: Bech-Berbuenger Musék
- 19 **Grillfest** zu Berbuerg beim Centre Beaurepaire mat
Corn-Hole-Tournéier
Org.: DT Berbuerg
- 26 **Oldtimer-Treffen**
Org.: Classic Vehicle Club
Hämmelsmarsch zu Mënjecker
Org.: Bech-Berbuenger Musék

Naturaktivitéiten vum SIAS 2026



Abrëll

- 15 **Neophyten am Gaart** (LU & DE)
Sandweiler | 19:00 - 21:00
- 24 **Eis déiresch Matbewunner am Gaart (City Nature Challenge)** (LU & DE)
Naturgaart Kiemert (Itzig) | 16:30 - 18:00

Mee

- 19 **Trëppeltour: d'Stadnatur zu Maacher** (LU)
Grevemacher | 17:30 - 19:00

Juni

- 05 **Das Tal der Sauerbaach** (LU & DE)
Berburg, Schoulstrooss | 18:00 - 20:30
- 21 **Päiperleken, Beien a Schwiefmücken, ween bestëbst eis Planzen?** (LU & DE)
Gostingen | 14:00 - 16:00
- 25 **Die Vielfalt und die Ökologie der Ackerwildkräuter** (LU)
Burglinster | 18:00 - 20:00

Juli

- 06 **Spalierobstbaumschnitt** (LU & DE)
Ort wird bei der Anmeldung mitgeteilt | 19:00 - 21:00

September

- 19 **Schnupperkurs Trockenmauern** (LU & DE)
Ort wird bei der Anmeldung mitgeteilt | 09:00 - 17:00
- 22 **Klimabäume? Chancen und Risiken von mediterranen Obstbäumen** (LU)
Ort wird bei der Anmeldung mitgeteilt | 19:00 - 21:00

Oktober

- 09 **Obstsortenbestimmungskurs** (LU & DE)
Ort wird bei der Anmeldung mitgeteilt | 19:00 - 21:00

November

- 28 **Was muss ich bei der Pflanzung eines Bongerts beachten?** (LU & DE)
Ort wird bei der Anmeldung mitgeteilt | 13:30 - 17:00

Entdecken Sie weitere
Naturaktivitäten aus unserer Region
auf unserer Online-Plattform:

*Découvrez d'autres activités nature dans
notre région sur notre plateforme en ligne :*



sias.lu/naturaktiviteiten

SIAS



NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur



NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur

Kommt a feiert mat eis de

Klima- a Biodiversitéitsdag

17.05.2025

10:00 - 17:00 Auer

Centre Culturel Syrkus
30, Am Stengert
L - 6916 Rued-Sir

Save the date

Entdeckt eise villfältege Programm fir Erwuessener a Kanner mat flotte Spiller, Workshops, interaktive Stänn, Shows an engem Secondhand-Maart.



klimadag.lu



Starkregen: Positive Effekte durch intakte Auenflächen

Natürliche respektiv naturnahe Bach- und Flussauen besitzen die Fähigkeit, Niederschlagswasser zu speichern anstatt es schnell abzuleiten. Somit können sie einen wesentlichen Beitrag zur Rückhaltung von Niederschlägen und Verminderung von Schäden leisten, wie sich erneut bei den letzten heftigen Regenfällen Anfang September an manchen Stellen deutlich zeigte. Unversiegelte Bereiche an Bächen und Flüssen können viele Kubikmeter Wasser über mehrere Stunden zwischenspeichern, um es dann zeitlich verzögert langsam abzulassen.

Die Rückhaltung von Niederschlägen *in der Aue* bezieht sich auf die Fähigkeit der

- **Speicherung**
Auen speichern Wasser in ihren Böden und der Vegetation, was als natürliche „Schwammfunktion“ des Landes bezeichnet wird.
- **Versickerung**
Das Wasser kann in den Boden eindringen und das Grundwasser speisen, was zur langfristigen Wasserrückhaltung beiträgt.
- **Verlangsamung des Abflusses**
Die Auenfunktion verlangsamt den Abfluss von Niederschlagswasser in Gewässer und reduziert so das Risiko von Hochwasserwellen.
- **Hochwasserschutz**
Durch die Speicherung und Verlangsamung des Wassers wird das Risiko von Überschwemmungen reduziert.

Zudem ist die Rückhaltung in den Auen wichtig für

- **Grundwasserneubildung**
Mehr Wasser versickert in den Auen, was zur Auffüllung der Grundwasservorräte beiträgt.
- **Klimaresilienz**
Eine bessere Wasserspeicherung hilft, trockene Perioden besser zu überstehen und die Widerstandsfähigkeit der Umwelt zu erhöhen.
- **Biodiversität und Lebensqualität**
Auenlandschaften mit intakter Wasserrückhaltung fördern die Artenvielfalt und bieten Lebensraum für viele Tier- und Pflanzenarten.

Maßnahmen zur Förderung der Rückhaltung sind die

- **naturnahe Gestaltung von Gewässern**
Fluss- und Auenrenaturierungen schaffen natürliche Rückhalteräume.
- **Entsiegelung von Flächen**
Das Entfernen von Versiegelungen in Städten und Gemeinden ermöglicht das Eindringen von Wasser in den Boden.
- **Anlage von Versickerungsmulden und -flächen**
Diese Strukturen fangen Niederschlag auf und leiten ihn kontrolliert ins Erdreich.
- **Förderung einer naturnahen Landwirtschaft**
Methoden, die die Bodengesundheit fördern und die Wasserdurchlässigkeit des Bodens erhöhen, tragen zur Rückhaltung bei.



Fondation Hëllef fir d'Natur/natur&ëmwelt
Flusspartnerschaft Syr
5, rte de Luxembourg | L - 1899 Kockelscheuer
www.partenariatsyr.lu



Abrëll

- 12 **Blumen filzen (Nassfilzen) – Familienworkshop**
A Wiewesch | 14:00 - 16:00

- 18 **Into the wild**
A Wiewesch | 10:00 - 15:00

- „Abenteuer Natur“ in Berdorf erleben**
A Wiewesch | 14:00 - 18:00

- Birdwatch walk**
A Wiewesch | 18:30 - 20:30

- 19 **Historeschen Trëppeltour Manternacher Fiels**
A Wiewesch | 14:00 - 17:00

- 23 **Insektesafari fir Familien**
A Wiewesch | 14:30 - 17:00

- 24 **Velotour mam Fierschter duerch d’Natur**
A Wiewesch | 18:00 - 20:00

- 25 **Kräuterwanderung**
A Wiewesch | 10:00 - 12:00

- Heilsame Entspannung im Manternacher Fiels**
A Wiewesch | 14:00 - 18:00



Mee

- 02 **Wëll Kraider - aus der Natur op den Dësch**
A Wiewesch | 10:00 - 14:00

- 03 **Fréijoersmaart**
A Wiewesch | 10:00 - 17:00

- 09 **MiniWënzer II**
A Wiewesch | 10:00 - 12:00

- 21 **Pëschelche wiewen op Karton**
A Wiewesch | 14:30 - 17:00

- 30 **Mullerthal, UNESCO Global Geopark**
A Wiewesch | 14:00 - 18:00



Juni

- 05 **Vullestëmmen am Mënster Brill**
A Wiewesch | 19:00 - 21:00

- 13 **MiniWënzer III**
A Wiewesch | 10:00 - 12:00

- Naturkundliche Wanderung im Manternacher Fiels**
A Wiewesch | 10:00 - 13:00

- 21 **Kräuterwanderung**
A Wiewesch | 10:00 - 12:00

- Historeschen Trëppeltour duerch Manternach**
A Wiewesch | 14:00 - 17:00

- 27 **Mini-Imker fir Kanner a Familien**
A Wiewesch | 10:00 - 13:00

- Summer moves, the rhythm of nature (EN)**
A Wiewesch | 14:00 - 17:00

- Luxemburger Schweiz: Mühlen und Eisenbahn (8,5km)**
A Wiewesch | 14:00 - 18:00



Juli

- 04 **„Natur, Kultur und Geschichte“ in Ahn**
A Wiewesch | 14:00 - 18:00

- 11 **MiniWënzer IV**
A Wiewesch | 10:00 - 12:00

- 25 **Mini-Imker fir Kanner a Familien**
A Wiewesch | 10:00 - 12:30

- Moor im Mullerthal (10,5 km)**
A Wiewesch | 14:00 - 18:00

Ännerunge virbehalen

Umellen „A Wiewesch“:

Email: awiewesch@anf.etat.lu

Tel: 24 75 65 03



Weitere Führungen und Aktivitäten der Naturverwaltung
Programm 2026

environnement.public.lu/fr/natur-erliewen/programm.html



Administration
de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg



Club Muselheem Aktiv+

Agenda

28.04.	Visitt vun der Hotelschoul
Vëllossaison 2026	
06.05.	Wasserbillig – Saarburg – Wasserbillig mam René (40km)
15.05.	Grevenmacher – Perl - Grevenmacher (60 km)
05.06.	Wasserbillig – Kasel - Wasserbillig (60 km)
17.07.	Echternach – Diekirch - Echternach (60 km)
14.08.	Luxembourg – Echternach – Wasserbillig (65 km)
27.05.	Gesetzlech Schutzmoosnamen
06.06.	Muselheem Inside
30.06.	Visitt vun der Straussefarm

Visitt vun der Hotelschoul

D'Hotelschoul zu Dikrech ass déi eenzeg Schoul am Land, déi eng komplett Ausbildung am Beräich Gastronomie, Hotellerie an Tourismus ubitt. Hei léieren d'Schüler net nëmmen Theorie, mee och Praxis. Hei ginn si optimal op d'Berufswelt virbereet.

Mir iessen do an der Schoul zesummen ze Mëtteg a kréien dono eng Visitt vun der Schoul (lessen inklusiv).

Datum Date :	28.04
Abfahrt Départ :	10:55 Muselheem 11:05 P&R Mertert
Wo Où :	Hotelschoul 19, rue Joseph Merten L- 9257 Diekirch
Preis Prix :	65€
Anmeldung bis Inscription jusqu'au :	07.04

Vëllossaison 2026 – Zesummen aktiv ënnerwee

Mir starten erëm an d'Vëllossaison. Dat mécht Spaass. Fuert mat eis a verbréngt puer schéiner Stonne a gudder Gesellschaft a maacht gläichzäiteg eppes fir är Gesondheet.

Se déplacer ensemble à vélo. C'est vraiment amusant. Venez rouler avec nous et passez quelques heures agréables en bonne compagnie, tout en faisant quelque chose pour votre santé.

Datum Date :	Wasserbillig – Saarburg – Wasserbillig mam René (40km)
Abfahrt Départ :	06.05. 10:00 Muselheem
Datum Date :	Grevenmacher – Perl - Grevenmacher (60 km)
Abfahrt Départ :	15.05 10:00 Quai Marie-Astrid
Datum Date :	Wasserbillig – Kasel - Wasserbillig (60 km)
Abfahrt Départ :	05.06. 10:00 Muselheem
Datum Date :	Echternach – Diekirch - Echternach (60 km)
Abfahrt Départ :	17.07. 10:00 Parking - Benedictins
Datum Date :	Luxembourg – Echternach – Wasserbillig (65 km)
Abfahrt Départ :	14.08. 08:54 Wasserbillig Gare 09:30 Luxembourg Gare
Preis Prix :	Gratis <i>gratuit</i>
Anmeldung bis Inscription jusqu'au :	4 Deeg virdrun 4 jours avant

Gesetzlech Schutzmoosnamen am Kontext vun enger Demenzerkrankung

Fir Familljen a Besuchspersounen vu Mënsche mat Demenz.

Themen

- Definitioun vu Curatelle, Tutelle, Représentation légale.
- Wat sinn d'Ënnerscheeder?
- Wéini a wéi geëtt esou eng Schutzmoosnam ugefrot?

Organiséiert vum Begleedungs- a Berodungsdéngscht vun der ala.

Datum Date :	27.05.
Zeit Heure :	15:00 – 16:30
Sprooch Langue :	Lëtzebuergesch
Preis Prix :	gratis <i>gratuit</i>
Wo Où :	Club aktiv+ Muselheem Sall 1. Stack 12, rue St. Martin L-6635 Waasserbëlleg
Anmeldung Inscription :	obligatoresch <i>obligatoire</i> T.: 27 55 – 36 60 Mail: club-muselheem.croix-rouge@help.lu

Muselheem Inside – wir öffnen unsere Türen

Erleben Sie das Muselheem von einer neuen, spannenden Seite! Am Tag der offenen Tür, öffnen wir alle Bereiche und geben exklusive Einblicke hinter die Kulissen.

Was erwartet Sie?

- Blick hinter die Kulissen
- Vorstellung aller Service-Bereiche
- Austausch mit den verschiedenen Teams
- Informationen zu Angeboten & Aktivitäten
- Unverbindliche Beratung

Kommen Sie vorbei und entdecken Sie, wie vielseitig das Muselheem ist!

Datum Date :	06.06
Zeit Heure :	14:00 – 18:00
Wo Où :	Club Muselheem Sall 1. Stack 12, rue St. Martin L-6635 Waasserbëlleg
Preis Prix :	Gratis <i>gratuit</i>
Anmeldung bis Inscription jusqu'au :	Keine Anmeldung erforderlich! <i>Aucune inscription nécessaire !</i>

Visitt vun der Straussefarm

Kommt eis besuchen an erlieft déi gréisste Villercher vun der Welt aus noer Distanz. Op eiser Farm liewen iwwer 300 Straussen – bei enger geféierter Tour kréie mir spannend Informatiounen iwwer dës Déieren.

Genéisst dono regional Spezialitéite wéi Straussefleesch, Paschtéiten an aner Souveniren.

Datum Date :	30.06.
Abfahrt Départ :	13.50 Départ Wasserbillig Gare 14.30 38, rue des Prés L-5316 Contern
Preis Prix :	20€
Anmeldung bis Inscription jusqu'au :	22.06

Den Zäit- verdreif



Gebeezte Lamm-Kotletten

vum Alix Klein-Ungeheuer

Mir brauchen:

Fir 4 Persounen

D'Beez (Marinade)

	Pefferkären
2	Knueweleksziéien
0,5 L	roude Wäin
4 EL	Olivenueleg
	Frësche Rosmarin

Lamm-Kotlette

12 kleng	Lamm-Kotlette à 80 gr – 100 gr
	Frësch gemuelene Peffer
	Salz

D'Virbereedung

D'Beez (Marinade)

- D'Pefferkären am Mörser kleng drécken an d'Knueweleksziéie schielen a kleng pressen.
- Alles mam roude Wäin an dem Olivenueleg gutt verméschen.



Lamm-Kotlette

- D'Kotlette ginn an dës Marinad geluecht a sollen **ongeféier 12 Stonnen** dran zéien. Wichtig ass, datt d'Fleesch komplett vun der Marinad bedeckt ass.
- D'Kotlette virum Grille mat Kichepabeier dréchen tuppen a pefferen.
- Duerno béidsäiteg grillen.
- Eréischt kuerz virum Zerwéiere salzen a mat Knueweleksbotter ofronnen.

Tipp: Dozou passt eng frësch Zalot, der Saison ugepasst.

Gudden Appetit!

Springende Frösche



Gemengerotssëtzung Réunion du conseil communal

vum
du **19.11.2025**

Uwiesend / Présents :

Buergermeeschter / Bourgmestre

HOFFMANN Jean-Pierre

Schäffen / Échevin

THEISEN Claude, KLEIN-UNGEHEUER Aïlix

Gemengerot / Conseillers

KLEIN-SEIL Henriette, HELLEERS Franky, LERUTH Jeanne,

GRETSCH Stéphanie, SCHOELLEN Marc, IBENDAHL Michael

Gemengeseekretär / Secrétaire communal

PIERRET Claire

Absent / Absents :

a) entschëllegt / excusé(e)s

/

b) onentschëllegt / sans motif:

/

An der öffentlecher Sëtzung

1. Approbatioun vun der Konventioun fir interkommunal Zesummenaarbecht betreffend d'Zesummeleeë vun engem Service de proximité et de l'ordre

D'Gemenge Biber a Manternach hu bei der Gemeng Mäertert eng Demande gestallt, fir sech un hirem Service de proximité et de l'ordre ze bedeelegen, deen dozou bäidréit, d'Sécherheetsgefill vun de Bierger ze verstärken a Stéierungen vun der öffentlecher Uerdnung op hire respektiven Territoiren ze verhënneren. Eng Konventioun fir déi interkommunal Zesummenaarbecht gouf den 13. November 2025 tëschent de Schäfferéit vun den dräi Gemenge Biber, Manternach a Mäertert ënnerschriwwen, fir d'Modalitéite vun der Organisatioun a vun der Finanzéierung vum Service vun den Agents municipaux/Gardes-champêtres ze reegelen. Dës Konventioun gesäit ënnert anerem follgend Verdeelung vun der Aarbecht an de Käschte vum Service vir:

Mäertert:	75 %
Biber:	12,5 %
Manternach:	12,5 %

Den Undeel vun der Gemeng Manternach entsprécht ongeféier 65 Stonne Service am Mount.

Déi betreffend Konventioun gëtt mat de Stëmme vun alle Memberen approvéiert.

En séance publique

1. Approbation de la convention de coopération intercommunale relative à la mise en commun d'un service de proximité et de l'ordre

Les Communes de Biber et Manternach ont présenté à la Commune de Mäertert une demande pour pouvoir profiter de son service de proximité et de l'ordre, pour permettre de contribuer ainsi à l'accroissement du sentiment de sécurité des citoyens et à la prévention des nuisances publiques sur leurs territoires respectifs. Une convention de coopération intercommunale a été signée le 13 novembre 2025 entre les collèges des bourgmestre et échevins des trois communes de Biber, de Manternach et de Mäertert afin de régler les modalités d'organisation et de financement du service des agents municipaux/gardes-champêtres.

Cette convention prévoit notamment la répartition suivante de la tâche des agents et des frais du service :

Mäertert :	75 %
Biber :	12,5 %
Manternach :	12,5 %

La part de la commune de Manternach équivaut à environ 65h de service par mois.

La convention en question est approuvée avec les voix de tous les membres présents.

2. Approbatioun vun engem Plan d'aménagement particulier (PAP)

De Plan d'aménagement particulier neie Quartier „am Éier“ zu Berbuerg, presentéiert vun der Firma P A C T Sàrl mat Siège zu L-6753 Gréiwemaacher, 58, rue de Machtum, fir de Kont vun ACRES 1010 SA a Berbo Sàrl, esou wéi en no dem Avis vun der Cellule d'évaluation vum 22. September 2025 / Sëtzung vum 10. Juli 2025 (Réf. 20134/107C) ëmgeännert ginn ass, gëtt mat de Stëmme vun alle Memberen approvéiert.

3. Ännerung vum Reglement betreffend d'Allocation de solidarité+

No enger Entrevue an den Explikatioune vum Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max HAHN, proposéiert de Schäfferot, de Plaffong fir d'Allocation de solidarité+ vun 2.000 op 2.500 Euro eropzesetzen an den automatesche Paiement vun der Prime op Basis vun engem järeleche Relevé vum Fonds National de Solidarité anzeféieren. De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, fir dat aktuell Reglement wéi follegt ze änneren:

Art. 1^{er}.

Les bénéficiaires ayant eu leur domicile dans la commune de Manternach pendant toute l'année civile de la période de référence et ayant touché une allocation de vie chère et/ou une prime d'énergie de la part de l'Etat (Fonds National de Solidarité) pour l'année en question, recevront une allocation de solidarité+ à hauteur de 80 % du montant annuellement accordé par l'Etat avec un plafond de 2.500.-€ par an pour l'allocation de vie chère et de 80 % du montant annuellement accordé par l'Etat avec un plafond de 500.-€ par an pour la prime d'énergie.

Art. 2.

L'allocation est payée automatiquement sur base du relevé annuel du Fonds National de Solidarité indiquant toutes les personnes habitant la Commune de Manternach, ayant bénéficié d'une allocation de vie chère et/ou d'une prime d'énergie pour l'année en cours, conformément au règlement y relatif du Gouvernement en conseil en vigueur et ceci à partir de la liquidation de l'allocation de vie chère pour l'année 2026.

Art. 3.

Toute allocation indûment touchée est sujette à remboursement de la part du bénéficiaire.

Art 4.

Le présent règlement prend effet à partir du 1^{er} janvier 2026 et abroge toutes les dispositions contraires contenues dans les règlements antérieurs en la même matière.

2. Approbation d'un plan d'aménagement particulier

Le plan d'aménagement particulier nouveau quartier « am Éier » à Berbourg, présenté par la société P A C T Sàrl avec siège social à L-6753 Grevenmacher, 58, rue de Machtum, pour le compte de ACRES 1010 SA et Berbo Sàrl, tel qu'il a été adapté à la suite de l'avis de la cellule d'évaluation du 22 septembre 2025 / séance du 10 juillet 2025 (Réf. 20134/107C) est approuvé avec les voix de tous les membres présents.

3. Modification du règlement concernant l'allocation de solidarité+

Suite à une entrevue et aux explications reçues de la part de M. le Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil, Max HAHN, le collègue des bourgmestre et échevins propose d'augmenter le plafond pour l'allocation de solidarité+ de 2.000 à 2.500 Euros et d'introduire le paiement automatique de la prime sur base d'un relevé annuel émis par le Fonds National de Solidarité. Le conseil communal décide à l'unanimité de modifier le règlement actuellement en vigueur comme suit :

4. Approbatioun vun engem Bail emphytéotique

Fir de Projet vun der Konstruktioun vun engem moduläre Gebai fir d'Maison Relais an d'Grondschoul zu Berbuerg, gouf e Bail emphytéotique virum Notaire Me Max WELBES, mat Residenz zu Lëtzebuerg, den 8. Juli 2025 ënnerschriwwen, mat deem d'Gemeng Manternach, vertrueden duerch hire Schäfferot, dem Syndikat SYNECOSPORT, vertruede vun de Membere vu sengem Bureau, e Recht op Emphyteose op follgend Terrainen accordéiert:

GEMENG MANTERNACH, SEKTIOUN E VU BERBUERG

- Nummer 629/4277, Lieu-dit: „Schullstrooss“, Akerland, mat 16 Ar 18 Zentiar an
- Nummer 618/3634, Lieu-dit: „am ieweschte Grumm“, Akerland, mat 2 Ar 20 Zentiar.

Dëse Bail emphytéotique gouf mat de Stëmme vun alle Memberen approvéiert.

5. Approbatioun vun engem Decompte

De Gemengerot approvéiert eestëmmeg d'Decompten iwwert d'Aarbechte fir d'Erweiderung vum Gemengenhais, wéi se de Schäfferot de 7. November 2025 festgehalen huet.

4. Approbation d'un bail emphytéotique

En vue du projet de construction d'un bâtiment modulaire pour les besoins de la Maison Relais et de l'école fondamentale à Berbourg, un bail emphytéotique a été signé par-devant Me Max WELBES, notaire de résidence à Luxembourg, en date du 8 juillet 2025, par lequel l'Administration Communale de Manternach, représentée par son collègue des bourgmestre et échevins, accorde au syndicat intercommunal SYNECOSPORT, représenté par les membres de son bureau, un droit d'emphytéose sur les terrains désignés ci-après :

COMMUNE DE MANTERNACH, SECTION E DE BERBOURG

- Numéro 629/4277, lieu-dit : « Schullstrooss », terre labourable, contenant 16 ares 18 centiares et
- Numéro 618/3634, lieu-dit : « am ieweschte Grumm », terre labourable, contenant 2 ares 20 centiares.

Ce bail emphytéotique est approuvé avec les voix de tous les membres présents.

5. Approbation d'un décompte

Le conseil communal approuve à l'unanimité les décomptes concernant les travaux de l'extension de la mairie tels qu'ils ont été arrêtés par le Collège des bourgmestre et échevins le 7 novembre 2025, à savoir :

Articles du budget : 4/132/211000/20081 et 4/132/221311/20081	
DÉCOMPTE des travaux « Frais d'études et avant-projet pour l'extension de la mairie » et « Construction de l'extension de la mairie »	
Total des devis approuvés :	EUR 2.261.798,74
Total de la dépense effective :	EUR 1.270.374,53

6. Approbatioun vu Recetten

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg mat de Stëmme vun alle Membere, fir follgend Recetten ze approvieren:

6. Approbation de recettes

Le Conseil communal décide à l'unanimité des voix des membres présents d'approuver les titres de recette ci-après :

Titres de recettes

Article budgétaire	Libellé	Montant
1/520/162000/19043	Subside étatique relatif au projet de pose d'une canalisation pour eaux pluviales à Münschecker	5 343,65 €
1/520/162000/16002	Subside étatique pour le projet de la gestion des eaux pluviales dans le cadre du redressement de la rue « um Bierg » à Berbourg	77 952,09 €
1/520/162000/16002	Subside étatique pour le projet de la gestion des eaux pluviales dans le cadre du redressement de la rue « um Bierg » à Berbourg	37 667,91 €
2/180/748392/99001	Remboursements par la Mutualité des Employeurs et Caisse de Sécurité Sociale des salariés à tâches manuelles (anciens ouvriers)	1 712,09 €
2/180/768000/99001	Autres produits exceptionnels divers	2 627,00 €
2/413/708211/99001	Location de chasse/pêche	453,53 €
2/425/705100/99001	Production énergies renouvelables	39,93 €
2/425/705100/99001	Production énergies renouvelables	332,11 €
2/425/705100/99001	Production énergies renouvelables	624,51 €
2/425/705100/99001	Production énergies renouvelables	23,48 €
2/590/768000/99001	remboursement divers du syndicat SIAS	11 630,61 €
2/590/768000/99001	remboursement divers du syndicat SIAS	1 253,19 €
2/919/748280/99003	Remboursement du traitement/salaire d'un fonctionnaire et d'un employé communal mise à disposition du SYNECOSPORT à raison de chaque fois 10%	2 347,48 €
Total:		142 007,58 €

7. Temporär Verkéiersreglementer

No den Erklärunge vum Här Buergermeeschter, approviiert de Gemengerot eestëmmeg follgend Verkéiersreglementer:

7. Règlements temporaires de circulation

Entendu les explications de Monsieur le Bourgmestre, le conseil communal approuve à l'unanimité les règlements de circulation ci-après énumérés :

a) il y a lieu de réglementer la circulation en urgence du 29/10/2025 jusqu'à la fin des travaux ;


Numéro : 49-2025

Date de vote au collège échevinal :	29/10/2025
Date de vote au conseil communal :	19/11/2025
Date d'approbation autorité supérieure :	
Date début :	05/11/2025
Date fin : jusqu'à la fin des travaux	

Art. 1^{er}.


Le chapitre 2 « CIRCULATION - INTERDICTIONS ET RESTRICTIONS » est complété par une nouvelle section libellée comme suit :

6^e SECTION : ROUTE BARREE

Article	Libellé	Situation	Signal
2/6/1	Route barrée	Pour les voies énumérées en annexe et se référant au présent article, l'accès aux tronçons désignés est interdit dans les deux sens aux conducteurs de véhicules et d'animaux. Cette réglementation est indiquée par le signal C,2a 'route barrée'.	 route barrée

Art. 2.

Dans l'annexe 1 « Dispositions particulières », la rubrique concernant la **Duerfstrooss à Berbourg (Berbuerg)** est complétée par la disposition suivante :

Article	Libellé	Situation	Signal
2/6/1	Route barrée	à la hauteur de l'adresse n°37	 route barrée

Art. 3.

Les infractions aux dispositions de la présente modification sont punies conformément aux dispositions de l'article 7 de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques.


b) il y a lieu de réglementer la circulation en urgence du 10/11/2025 au 14/11/2025 ;

Numéro : 55-2025

Date de vote au collège échevinal :	12/11/2025
Date de vote au conseil communal :	19/11/2025
Date d'approbation autorité supérieure :	
Date début :	10/11/2025
Date fin :	14/11/2025


Art. 1^{er}.

Le chapitre 4 « CIRCULATION - PRIORITES » est complété par un nouvel article libellé comme suit :

Article	Libellé	Situation	Signal
4/4	Signaux colorés lumineux	Sur les voies énumérées en annexe et se référant au présent article, la circulation des véhicules, animaux et piétons est réglée aux endroits désignés par des signaux colorés lumineux conformes à l'article 109 modifié du Code de la route.	

Art. 2.

Dans l'annexe 1 « Dispositions particulières », la rubrique concernant la **lechternacherstrooss (CR137) à Manternach (Manternach)** est complétée par la disposition suivante :

Article	Libellé	Situation	Signal
4/4	Signaux colorés lumineux	entre l'adresse n°4 et n°6	

Art. 3.

Les infractions aux dispositions de la présente modification sont punies conformément aux dispositions de l'article 7 de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques.

■ **8. Syndikater / Kommissiounen – Informatioun vum den Deleegierten / Presidenten**

SIAEG: Den Här Frank HELLERS freet sech ze matzedeelen, datt kee budgetäre Baitrag fir de SIAEG fir den Exercice 2026 virgesinn ass.

LEADER MUSELDALL: Den Här Frank HELLERS informéiert, datt verschidde Projeten an der leschter Sëtzung diskutéiert goufen, notamment eng Wanderausstellung, déi no der Ouverture vum Musée zu Éinen a verschiddene Lokalitéite laanscht d'Musel presentéiert gëtt. Ausserdeem huet de Leader engem Bureau d'études den Optrag ginn, e generellt Konzept fir d'rational Notzung vu Kierchen, besonnesch no hirer Entweigung, auszeschaffen, déi senge Membere gehéieren,. Dës Etude, déi kontrovers diskutéiert gouf, ass e sensibel Thema.

SIAS: Den Här Marc SCHOELLEN konnt net un der leschter Sëtzung vum SIAS deelhuefen, bei där de Budget 2026 gestëmmt gouf. D'Participatioun vum der Gemeng Manternach läit bei ongeféier 200.000€.

Schoulkommissioun: D'Madamm Stéphanie GRETSCH weist drop hin, datt en ROP (référentiel des objectifs pédagogiques) fir d'Schoul zu Berbuerg muss ausgeschafft ginn, deen ënnert anerem eng Rei vu gudde Praktiken enthält, déi um Schoulsite sollen applizéiert ginn. Si präziséiert och, datt d'LASEP, déi mat engem Manktem u Plaz konfrontéiert ass, gefrot huet, de Sall vum DT Berbuerg ze benotzen. Ausserdeem gëtt e Projet zesumme mat der Maison Relais lancéiert, fir den Dëschtennis ze fërderen.

8. Syndicats / Commissions – Informations des délégués / Présidents

SIAEG : Monsieur Frank HELLERS se réjouit de communiquer qu'aucun apport budgétaire au profit du SIAEG est à prévoir pour l'exercice 2026.

LEADER MUSELDALL : Monsieur Frank HELLERS informe que plusieurs projets ont été abordés lors de la dernière réunion, notamment celui d'une exposition itinérante (Wanderausstellung) qui sera présentée après l'ouverture du musée à Ehnen, puis dans les différentes localités situées le long de la Moselle. Par ailleurs, le Leader confiera à un bureau d'études la mission d'élaborer un concept général pour l'utilisation rationnelle des églises appartenant à ses membres, notamment après leur désacralisation. Cette étude, discutée de manière controversée, constitue un sujet sensible.

SIAS : Monsieur Marc SCHOELLEN n'a pu participer à la dernière réunion du SIAS, lors de laquelle le budget 2026 a été voté. La participation de la Commune de Manternach se situe à environ 200.000€.

Commission scolaire : Mme Stéphanie GRETSCH indique qu'un ROP (référentiel des objectifs pédagogiques) doit être élaboré pour l'école de Berbourg, intégrant notamment un ensemble de bonnes pratiques à appliquer au sein du site scolaire. Elle précise également que la LASEP, confrontée à un manque d'espace, a sollicité l'autorisation d'utiliser la salle du DT Berbourg. Un projet est en outre lancé conjointement avec la maison relais afin de promouvoir la pratique du tennis de table.

Museksschoul lechternach: D'Madamm Alix KLEIN-UNGEHEUER huet un der Diplomiwwerreechung vun der Museksschoul zu lechternach deelgeholl, wou fënnf Laureaten aus der Gemeng Manternach a sechs Disciplinnen geéiert goufen.

Jugend- a Sportskommissioun: D'Madamm Jeanne LERUTH erënnert drun, datt d'Jugend- a Sportskommissioun den 22. November 2025 d'Chamber besicht, zesumme mam Deputéierten, dem Här Ricardo MARQUES. Et ginn nach e puer Plazen.

Club Aktiv Muselheem: D'Madamm Henriette KLEIN-SEIL bericht, datt wéineg Awunner vun der Gemeng Manternach un den Aktivitéiten, déi fir d'Senioren ugebuede ginn, deelhuefen. Et wier vläicht ubruecht, eng kleng Kommunikatiounscampagne ze lancéieren, fir dëst ze fërderen.

SIDEST: Den Här Jean-Pierre HOFFMANN informéiert, datt de Budget gestëmmt gouf. D'Käschte fir d'Gemeng Manternach klammen am extraordinäre Budget op 1.500.000€, wéinst de Projete fir d'Konstruktioun vun de Kläranlagen zu Berbuerg an dem Uschlësse vu Mënjecker un d'Kläranlage vu Gréiwemaacher. Doriwuer eraus sinn d'Verhandlung vum Kollektivvertrag mat de Salaréie vum Syndikat amgaangen. Betreffend eventuell negativ Aweise vum Waasserwirtschaftsamt fir nei PAPen, ass ze betounen, datt de Fonds du Logement net bereet wier, déi eventuell Alternativ (Amenagéieren vun Zëttären op Terrainen am Quartier „an der Harnisch“ zu Berbuerg), ze akzeptéieren.

SIDERE: Laut dem Här Jean-Pierre HOFFMANN huet de Syndikat zwee nei Salaréie à tâche manuelle agestallt, souwéi eng Persoun an der Carrière A1, déi fir de Moment den aktuellen Direkter ersetze soll. Hie präziséiert och, datt den Drénkwaasserpräis ëm 10 % eropgesat muss ginn, fir engersäits d'Amortissementer vun den Investissementer vum SEBES an anerersäits déi méi héich Personalkäschte vum Syndikat ze decken.

Ecole de Musique Echternach : Madame Alix KLEIN-UNGEHEUER a participé à la remise des diplômes de l'école de musique à Echternach, où cinq lauréats de la Commune de Manternach ont été distingués dans six disciplines.

Commission des jeunes et du sport : Mme Jeanne LERUTH rappelle que la commission des jeunes et du sport effectuera une visite de la Chambre des députés le 22 novembre 2025, en compagnie du député Monsieur Ricardo MARQUES. Il reste encore quelques places disponibles.

Club Aktiv Muselheem : Madame Henriette KLEIN-SEIL rapporte que les activités organisées pour les seniors rencontrent peu de participation de la part des habitants de la commune. Il serait peut-être opportun de mener une petite campagne de communication pour les promouvoir.

SIDEST : M. Jean-Pierre Hoffmann informe que le budget a été voté. Les coûts à charge de la commune de Manternach augmentent dans le budget extraordinaire pour atteindre 1 500 000 €, en raison des projets de construction des stations d'épuration à Berbourg et du raccordement de Münschecker à la station d'épuration de Grevenmacher. Par ailleurs, les négociations du contrat collectif sont en cours avec les salariés du syndicat. Concernant les avis négatifs éventuels de la part de l'AGE relatifs aux nouveaux Plans d'aménagement particuliers, il convient de souligner que le Fonds du logement ne serait pas disposé à accepter une alternative éventuelle d'installer des fosses septiques sur des terrains destinés à la construction au quartier « an der Harnisch » à Berbourg.

SIDERE : Selon M. Jean-Pierre HOFFMANN, le syndicat a engagé deux nouveaux salariés à tâches manuelles, ainsi qu'une personne dans la carrière A1, appelée à remplacer à terme l'actuel directeur. Il précise également que le prix de l'eau potable devra être augmenté de 10 %, afin de couvrir d'une part les amortissements liés aux investissements du SEBES et, d'autre part, la hausse des coûts de personnel du syndicat.

SYNECOSPORT: Den Här Jean-Pierre HOFFMANN weist drop hin, datt de Budget eestëmmeg ugeholl gouf. Déi wichtegst Budgetsposte sinn:

- d'Studiekäschten souwéi en éischten Deel vun de Käschte fir d'Konstruktioun vum neie moduläre Gebai, vun deem d'Aarbechte warscheinlech an der Rentrée ufänken;
- d'Instandsetzung vum Bongert;
- d'Schafung vun der neier Spillplaz, déi zesumme mam Kannerrot ausgeschafft gouf.

Hie bericht och, datt déi nei Heizungszentral rezent a Betrib geholl gouf.

9. Kommunikatioun vum Schäfferot

D'Madamm Stéphanie GRETSCH informéiert sech iwwer d'Méiglechkeet, d'Konzept vun den Adventsfënsteren an der Gemeng anzeféieren. Dës Initiativ, déi ëmmer méi verbreet ass, férdert d'Vernetzen an d'Zesummeliewen tëschent den Awunner. De Gemengerot stellt fest, datt fir dëst Joer den Delai ze kuerz ass, fir d'Organisatioun ze garantéieren. Et wier awer ubruecht, dës Aktivitéit fir d'nächst Joer virzegesinn. Si kéint zum Beispill vun der Kommissioun fir d'Zesummeliewen oder vun der Jugend- a Sportskommissioun organiséiert ginn.

Den Här Michael IBENDAHL freet, ob d'Gemeng virgesäit, e Chrëschtbeemchen am Centre Beaurepaire opzeriichten, fir déi verschidden Evenementer, déi an der Adventsperiod organiséiert ginn.

Den Här Buergermeeschter begréisst dës Initiativ a weist drop hin, datt d'Gemeng sech drëm këmmert.

Den Här Hoffmann bericht, datt en Audit am Kader vum Klimapakt d'lescht Woch duerchgefouert gouf. D'Gemeng huet Fortschrëtter gemaach; duerch d'Verschäerfung vun de Bewäertungskrittäre vum Klimapakt ass de Fortschrëtt awer net esou bedeitend wéi erwaart.

Nächst Rendez-vousen:

- **Aarbechtsversammlung Budget 2026: 01.12.2025 16h30**
- **Adventsfest vun der Seniorekommissioun: 07.12.2025**
- **Nächste Gemengerot mam Vott vum Budget: 12.12.2025 14h00**
- **Neijoerschreceptioun: 06.01.2026 19h00**

SYNECOSPORT: Monsieur Jean-Pierre HOFFMANN indique que le budget a été adopté à l'unanimité. Les principaux postes budgétaires comprennent :

